29. Approbation d'une convention entre la commune de Reckange-sur-Mess, l'APEMH et la commune de Sanem concernant la pose d'une conduite de refoulement d'eaux usées entre le site de l'APEMH à Reckange-sur-Mess et le regard N° 4986123 passant par le CR178

Vote unanime

30. Approbation d'une convention entre la commune de Reckange-sur-Mess et la commune de Sanem concernant la livraison d'eau potable

Vote unanime

31. Approbation du programme d'action pour l'exercice 2016 du Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la nature (SICONA)

Vote unanime

32. Approbation d'un plan de gestion pour l'exercice 2016 de la forêt appartenant à la forêt communale de Sanem

Dépenses: 105.650,00 € - article 3/410/612200/99002

Recettes: 17.000,00 € - article 2/410/702200/99001

Vote unanime

33. Modification de la composition des commissions consultatives

Démission(s):

Nbr	Commission	Statut		Nom et Prénom	Code postal et Localité	Fonction	Nationalité/ Parti/ Association
1	Commission de l'intégration	obligatoire	S	LEERMAKERS Maria	L-4991 Sanem	Membre externe	Néerlandaise
2	Commission des Jeunes	facultative	S	WEIS Marc	L-4470 Soleuvre	Membre externe	SABA asbl

Nomination(s):

Nbr	Commission	Statut		Nom et Prénom	Code postal et Localité	Fonction	Nationalité/ Parti/ Association
1	Commission des Jeunes	facultative	S	FACH Stéphanie	L-4477 Belvaux	Membre externe	SABA asbl

Vote unanime

34. Approbation de règlements d'urgence pris par le collège des bourgmestre et échevins

- a. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux sur les réseaux dans la rue du Bois à Soleuvre (CV) par l'entreprise Sogeroute, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 16 novembre 2015;
- b. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux de construction de regards et la pose d'une conduite effectués par l'entreprise Sogeroute dans la rue Dickskopp à Soleuvre, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 16 novembre 2015;

- c. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux de raccordement et de travaux extérieurs de la maison n°50 rue de Hussigny à Belvaux par l'entreprise Neves et construction de Steinfort, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 20 novembre 2015;
- d. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux de raccordement des réseaux pour la résidence n°160 rue Waassertrap à Belvaux, réalisés par l'entreprise Soludec, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 27 novembre 2015;
- e. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant la mise en place d'une benne devant la maison n°45 rue de Soleuvre à Belvaux pour les travaux de terrassement à côté de la maison, travaux effectués par l'entreprise Bonaria et fils d'Esch/Alzette, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 04 décembre 2015;
- f. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux de livraison et de bétonnage dans la rue Prince Jean, 28 à Soleuvre, effectués par l'entreprise Sadelite, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 04 décembre 2015;
- g. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant l'organisation de la «Seniorefeier» 2015 au Artikuss à Soleuvre, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 11 décembre 2015 ;
- h. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant la prolongation des travaux de raccordement et de travaux extérieurs du bâtiment DEMAG dans la Z.I. Um Woeller à Soleuvre par l'entreprise MBS Buildings S.A. de Alzingen, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 11 décembre 2015;
- i. Confirmation d'un règlement temporaire de la circulation concernant les travaux de raccordement à la canalisation de la maison n°120 rue de France à Belvaux par la société de construction MGM de Belvaux, pris d'urgence par le collège des bourgmestre et échevins dans sa séance du 11 décembre 2015

Vote unanime

35. Questions et divers

#### SEANCE A HUIS CLOS

### PERSONNEL - ADMINISTRATION

36. Fixation du nombre des emplois des différentes fonctions du cadre fermé prévu pour les diverses carrières
- a) carrière de l'expéditionnaire: (17 fonctionnaires)
 

grades 8 et 8bis:	6 postes dont	3 au grade 8	(20%)
(35%)		3 au grade 8bis	(15%)
  - b) carrière de l'expéditionnaire technique: (3 fonctionnaires -> effectif théorique: 10)
 

grades 8 et 8bis:	4 postes dont	2 au grade 8	(20%)
(35%)		2 au grade 8bis	(15%)

- c) carrière du rédacteur: (20 fonctionnaires)  
 grades 11, 12 et 13: 9 postes dont 3 au grade 11 (15%)  
 (41%) 3 au grade 12 (15%)  
 3 au grade 13 (11%)
- d) carrière de l'ingénieur-technicien: (10 fonctionnaires)  
 grades 12 et 13: 4 postes dont 2 au grade 12 (20%)  
 (35%) 2 au grade 13 (15%)
- e) carrière de l'architecte: (1 fonctionnaire -> effectif théorique: 10)  
 grades 15 et 16: 6 postes dont 3 au grade 15 (32%)  
 (59%) 3 au grade 16 (27%)
- f) carrière de l'ingénieur: (2 fonctionnaires -> effectif théorique: 10)  
 grades 15 et 16: 6 postes dont 3 au grade 15 (32%)  
 (59%) 3 au grade 16 (27%)
- g) carrière de l'agent municipal: (1 fonctionnaire -> effectif théorique: 10)  
 grades 5, 6 et 7: 6 postes dont 2 au grade 5 (30%)  
 (60%) 2 au grade 6 (17%)  
 2 au grade 7 (13%)

Vote unanime

37. Promotion de la dame BAMBERG Patrice au poste de premier commis principal, grade 8bis, à partir du 1<sup>er</sup> janvier 2016

Promotion accordée.

38. Changement de carrière de Monsieur BLASEN Serge, premier commis principal, grade 8bis, et nomination au poste de rédacteur, grade 9 à partir du 1<sup>er</sup> décembre 2015

Changement de carrière accordé.

## PERSONNEL – MAISON RELAIS SANEM

39. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) avec une tâche de 16 heures/semaine et à durée indéterminée, pour les besoins de la maison relais de SANEM sous le statut de salarié tombant sous le champ d'application de la CCT SAS, carrière de l'éducateur PE5 (en formation)

Est nommé(e):  
 MOUSEL Carole

## Gemeinderatssitzung Sanem vom 14. Dezember 2015

### Budget 2016 vom Schöffenrat präsentiert

Im Mittelpunkt der heutigen Gemeinderatssitzung am 14. Dezember 2015 stand die Vorstellung des rektifizierten Budgets 2015 und der Haushaltsvorlage für das kommende Jahr. Weiterhin standen weitere 37 Punkte auf der Tagesordnung, die alle, bis auf eine Enthaltung, ohne größere Diskussionen verabschiedet wurden.

Beim ersten Tagesordnungspunkt informierte Schöffin Myriam Cecchetti (Déi Gréng) über die regionale Konferenz im Rahmen des Erarbeitungsprozesses der neuen sektoralen Pläne „Logement“, „Transports“, „Paysages“ und „Zones d'activités économiques“, die am 30. November im Lycée Belval stattgefunden hatte. Die Schöffin berichtete, dass die zuständigen Ministerien die von den Gemeinden eingereichten Stellungnahmen sehr ernst nehmen. Die Pläne werden bis Ende 2016 fertiggestellt werden und dann auch im Internet einsehbar sein. Bezüglich der geplanten Umgehungsstraße von Bascharage gab es allerdings noch keine Änderung im sektoralen Plan „Transports“.

#### BELES

Vor Beginn der Sitzung wurden die neuen Gemeindefunktionäre Jill Caligo und Bianca Willems von Bürgermeister Georges Engel (LSAP) vereidigt. Beide Damen verstärken das „Biergercenter“ der Gemeinde.

#### BUDGET 2016 UND REKTIFIZIERTER HAUSHALT 2015

Wie jedes Jahr wurde die Präsentation des rektifizierten Haushalts 2015 und der Budgetvorlage für das kom-



Vereidigung von Jill Caligo und Bianca Willems

mende Jahr 2016 gemeinsam von Bürgermeister Georges Engel (LSAP) und Schöffin Myriam Cecchetti (Déi Gréng) vorgetragen.

### **Budget 2016 / Georges Engel (LSAP):**

Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, där Dammen an Häre vun der Press,

No 10 Joer als Buergermeeschter erlaabt mer haut allen, déi an dësen 10 Joer zum Gudde vun dëser Gemeng bäigedroen hunn, Merci ze soen. An do wëll ech un aller éischer Plaz iech heibannen ernimmen, déi sech fir eis Bierger asetzen an dofir och vill vun hirer Zäit afferen, fir dëst ze maachen. Dat ass haut, an enger Zäit, wou den Engagement net selbstverständlech ass, absolut derwärt fir ernimmt ze ginn.

Engagement wat och fir eis Salarieëen op der Gemeng zielt. Jo, ech muss soen, dass ech zefridde sinn iwwert d'Aarbecht vun eise Leit, déi sech oft mat vill Devouement a vill perséinlech Asaz fir hier, eis Gemeng hierginn an dëst net nëmme fir do hier Paie ze verdénge mee och fir sech mat hirer Gemeng wëllen ze identifizéieren an dofir méi gi wéi "Arbeit nach Vorschrift". Et sinn der vill, déi dat maachen, déi eng méi, déi aner manner. Dorunner schaffe mer da nach.

Zum Budget 2016, kann ee soen, dass dëse Budget an der Kontinuitéit vun de ville Projeten, déi mer an de leschten 10 Joer an d'Weeër geleet hunn, ze gesinn ass.

An an de leschte Joeren ass virun allem d'Prioritéit op de Logement, d'Education an dat Soziaalt geluecht ginn. An dëst Joer ginn des Projeten oder konkret Realisatioune bestätegt, konsolidéiert oder ausgebaut. Et muss ee wëssen, dass an de leschten 10 Joer enorm vill Suen investéiert goufen, net nëmme an Infrastrukture mee och vill an d'Verbesserung an den Ausbau vun eise Servicer.

Virun 10 Joer hate mer nach keen Altersheim um Belval, virun 10 Joer hate mer nach keen Ausbau vum Kuss, keng Turnhal, keng nei Schwämm, keen Artikuss, keng Mise en conformité vum ganze Site um Scheierhaff. Mäer haten nach keen neie Centre de Secours. Vun eise 6 Schoule war eng renovéiert, déi aner amgang renovéiert ze ginn, mäer haten nach kee synthetesch Fussballsterrain an der Gemeng, al ganz al Vestiaires um Fussballsterrain zu Bieles an zu Éilereng, et gouf nach keen Ausbau vum Centre national Boulodrome, mäer hate kee Rase, kee Senior +, kee Service Festivités, keng Epicerie solidaire, keng Maison sociale, wéi an der haiteger Form.

D'Gemeng hat, ausser de Wunnenge fir eeler Leit zu Suessem, keng eenzeg eege Wunnengen, et goufe keng Bolzplätz wéi elo zu Zolwer an am Metzlerlach, keng Pumptrackpiste, um Belval stoung nach keen Haus a keen Appartement, d'Planung fir de Site stoung an de Kannerschong (wann iwverhaapt), kuerz, d'Gemeng war eng ganz aner virun 10 Joer ewéi se haut ass. An et muss een a vill aner Gemenge kucke goe fir eng ähnlech Entwécklung ze gesinn (wou ech mol net weess, op een déi iwverhaapt bei enger anerer Gemeng fënnt).

All dëst, an awer nach vill méi, gouf an de leschten 10 Joer realiséiert. Dat ass enorm vill, an dat ass eis gutt gelongen, dat géing ech mol einfach esou behaupten.

Eng gutt Liewensqualitéit weist sech awer net nëmme an dem Invest an den Infrastrukturen mee och am Ausbau un de Servicer déi eng Gemeng ubitt. An och do hu mer an de leschte Joeren en Qualitéitssprong gemaach. Dëse Sprong kann een zum Deel och un der Zuel vun eisem Personal gesinn. De Gros bei dësen zousätzlechen Ustellungen maachen eis Salarieëen an der MARE an am REWA aus. Servicer op déi mer ganz houfreg kënne sinn. Dëst ass nämlech een Deel vun der Verbesserung vun eisem Déngscht um Client, deen bei eis Bierger heescht.

Den 31.12.2005 hate mer 280 Salarieëen, haut hu mer der genau dat duebelt 560 an d'nächst Joer wäerte mer der dann 585 hunn.

An dat alles an 10 Joer. Jo, hei si mer immens vill gewuess. A wann ech d'lescht Joer gesot hunn, dass et eis selwer net ëmmer séier genuch geet wat d'Projeten ugeet, sou musse mer bei dësem Punkt soen, dass et séier gang ass an dass mer awer en A op eis Personalstruktur halen mussen. Obwuel mer déi Leit, déi mer agestellt hunn, och brauchen an hei net méi Leit agestellt hunn, wéi mer der brauchen, sou muss een awer soen, dass dat Wuessen beim Personal och seng Limiten huet an och déi néideg Rou a Konsolidatioun brauch, fir dass de Betrib an der Gemeng och richtig a gefestegt wuesse kann.

An ech soen all Joer an elo nach eemol: all dat hu mer alles zesumme gemaach, d'Majoritéit an d'Oppositioun, fir d'Liewe fir eis Bierger an eiser Gemeng ze verbessern. Jo, och wann d'Ëmstänn baussen a bannen net ëmmer optimal waren a sinn, hu mer eis awer net vun eiser roueger a beduechtener Linn ofbréngé gelooss an eist Zil net aus den Ae verluer.

Där Dammen an Hären,

eis Finanzen, a besonnesch eis, hoffen op eng gerecht Reform vun der Gemeengefinanzéierung. Do sinn d'Aarbechte jo laut Syvicol a Ministär amgaang a mär wäerten, soubal déi éischt Dokumenter virleien, déi eis direkt concernéieren, hei am CC drop agoen. D'Gemeng Suessem misst jo bal als ee vun de Gewënner vun esou enger Reform erausgoen, well se dach um Wupp vun der Prokappverdeelung vun de staatleche Gelder läit am Verglach mat deenen anere Gemengen an et schlëmmer jo bal net komme kann.

An dach hu mer et gepackt, an de leschte Joeren eng gesond Finanzsituatioun ze halen an eis net an eng onberechenbar an onverantwortungsvoll Situatioun ze bréngen.

An dat kann een am Budget nokucken an a menge Budgetsrieden och noliesen. Dat hunn ech an de leschten Deeg gemaach. An do sti fir 2006, „mäin“ éischte Budget, 15,963 am Budget also ronn 16 Milliounen, wat dee Moment eng Prokappverschëldung vun 1.150 € war. A wéi ass d'Situatioun haut: am Joer 2015 17,055 also ronn 17 Milliounen Schold, eng Millioun méi wéi 2005 an d'Prokappverschëldung ass haut bei 1.062 €, also 88 € MANNER wéi virun 10 Joer, an dat trotz allem, wat mer alles investéiert, gebaut, ausgebaut a verbessert hunn.

Erlaabt mer dofir och e puer weider Zuelen iwwert eis Gemeng:

- Mär rechnen de Cap vu 16.600 Awunner am Joer 2016 am Dezember ze errechen
- Aktuell schaffe bei eis 68 Funktionären, 191 Employéëën, 301 Salarieëën (fréier Aarbechter), 230 an der Deelzäit an 348 Vollzäitbeschäftegter. Am Total: 560 Leit. Enn 2016 wäerte mer wéi scho gesot 585 sinn.
- Mär sinn déi eenzeg Gemeng déi en eegent Altersheim huet. Ech gi net midd et ze ernimmen.
- Mär hunn eng MARE vun 859 Kanner.
- 1.457 Schoulkanner
- D'Gemeng Suessem ass haut méi wéi jee sozial verantwortlech an initiativfreedeg.

Wéi och schonn an de leschte Joeren, hu mer och dëst Joer e ganz groussen Akzent op de Logement geluecht. Dat ass e groussen Effort vun eiser Gemeng! Dat maache mer fir méi a virun allem, duerch de Prinzip vun der Offer an der Demande, méi bëllege Wunnraum ze schafen an eis Leit och dofir an eisen Dierfer ze halen, déi soss keng Méiglechkeet hätten, sech eng Wunneng ze leeschten.

Där wësst, dass mer eng Rei vun Décisiounen an de leschte Joere geholl hunn, déi sech och erëm an dësem Budget widerspigelen. D'Engagementer déi geholl sinn, si geholl, an et muss och elo virugoen.

An de leschte Joeren hu mer ganz vill investéiert. Alleng an de leschte 6 Joer sinn am extraordinäre Budget bal 141 Milliounen € an d'Wuel vun eise Bierger investéiert ginn. Dat ass enorm vill an dat ass och alles mat ganz vill Aarbecht verbonnen.

Wat sinn d'Eckdate vun dësem Budget 2016:

D'Dotatioune maachen natierlech de Gros vun eise Recetten aus (36,781 Milliounen €), dovunner 12,195 Milliounen Impôt commercial a 24,586 Milliounen € FCDF.

Mär hunn ordinär Recettë vun 63,767 Milliounen € an Dépensë vu 60,744 Milliounen €. Wat e Boni vun 3,022 Milliounen € mécht.

Am Extraordinären hu mer Ausgabe vun 30,430 Milliounen € an Einnahme vu 26,123 Milliounen €, wat en Defizit vu 4,307 Milliounen € mécht.

Mam Boni vun 2015 vun 1,766 Milliounen hu mer am Endeffekt e Boni vu 482.482,58 € fir d'Joer 2016.

Fir déi vill Projeten ze finanzéieren, hu mer och dëst Joer e Prêt vun 8,6 Milliounen € virgesinn.

Et sinn dat 6 Milliounen €, déi mer schonn autoriséiert kruten, an déi schonn am leschte Budget stoungen, déi mer awer net hu missen zéien. Dobäi kommen 2,6 Milliounen € déi mer brauche fir de Budget ze stabiliséieren, wou ech awer dovun ausginn, dass mer se 2016 net wäerte mussen ophuelen.

Domat klëmmt eis Schold vu 17,055 Milliounen € op 24,094 Milliounen € Enn 2016 (well mer jo scho bis dohi schonn erëm en Deel zeréckbezuelt hunn). Eis Prokappverschëldung geet domat vun haut 1.062,66 € op 1.452,15 €.

Och fir 2016 sinn déi extraordinär Ausgaben nach ëmmer ganz héich.

Mat 30,430 Milliounen € leien se iwwert den Ausgaben 2014 a 2015.

Am Extraordinäre Budget 2015 hate mer virgesi 26,462 Milliounen € auszeginn.

Am Rectifié stinn der elo 18,528 Milliounen €. Dat si 7,934 Milliounen € manner wéi virgesinn, wat dann theoretisch heescht, dass mer e Réalisé zum Enn vum Joer hunn vu 70,02 %. Dat ass en excellente Chiffer, seet dass mer 2015 richtig ageschat hunn an dass mer och vill am Joer 2015 geschafft hunn. Well 18,528 Milliounen am Interêt vun eise Bierger an ënnert eise Konditiounen, déi streng sinn a vun héijer Qualitéit sinn, ze investéieren, dat ass net esou einfach.

A wann een da nach weess, dass 1,170 Milliounen € fir d'rue GD Charlotte, 1,350 Milliounen € fir d'Ediff an 1,5 Milliounen € fir d'Hal zu Suessem, also zesumme ronn 4 Milliounen € am Budget 2015 stoung fir Projeten déi mer leider net ufänke konnten, net aus eiser Schold, dann ass d'Resultat nach méi excellent.

Eis Waasser a Kanal-Tax bleift an dësem Budget onverändert, mär schléissen eng Erhéijung awer am Laf vum Joer net aus. Am Moment beleeft sech eis Kanal-a Waasser-tax nach ëmmer bei 5.02 €/m<sup>3</sup>. Am SIACH si mer awer amgang ze diskutéieren op eng Erhéijung vun der Kanaltax net ubruecht ass well eis Käschten hei ëmmer méi héich ginn a mär dofir eng Upassung musse maachen.

Wat hu mer dann elo alles fir déi 18,569 Milliounen € geschafft?

Weider si natierlech Investissementer a vill klenger Projete gemaach ginn. Des Projete maachen d'Zomm vun 18,528 Milliounen aus.

Där gesitt also, dass erëm eng Kéier ganz vill geschafft ginn ass. Wa natierlech esou vill Sue verschafft ginn, heescht dat och dass eis Leit, déi bei eis schaffen, ëmsou méi gefuerdert sinn. Ech wollt hinne vun hei aus e grouse Merci soen, u se all, well si d'Bild no bausse si vun eiser Gemeng a si maachen och dass et hei dréint!

Merci och jidderengem deen un dësem Budget matgeholf huet, virun allem dem Sekretariat mam Manon, dem Service financier mam Guy, mam Cynthia, mam Daniel a mam Nathalie an awer och all eise Servicer, déi sech vill Méi gemaach hunn, en uerdentlecht Dokument opstellen.

Erlaabt mer nach e puer Remarquen an e puer weider Zuelen:

Alleng an d'Syndikater, et sinn der 12, mécht d'Gemeng Suessem eng Participatioun vu 4,892 Milliounen €, de Gros un den TICE mat 1,586 Milliounen €, de SIACH mat 1,428 Milliounen, wouvun der 741.448 € am extraordinäre Budget fir den Ausbau vun der Kläranlag sinn, an de SIVÉC mat 942.000 €.

Projet / Article	2015	rectifié 2015
Coordination administrative - Réaménagement de la salle de mariage et de conseil à la Mairie à Belvaux	110'000	110'000
Coordination administrative - Renouvellement chaudière Mairie à Belvaux	0	70'000
Coordination administrative - Mairie, salle des fêtes, renouvellement installation électrique et sonorisation	100'000	80'000
Coordination technique - Elaboration nouveau PAG	200'000	175'000
Coordination technique - Vel'ok Sanem	46'000	161'352
Coordination technique - Agrandissement des vestiaires, blocs administratif et sanitaire	80'000	80'000
Coordination technique - Rénovation Maison Detroit	117'788	100'000
Coordination technique - Agrandissement et transformation des infrastructures pour le service technique à Belvaux	710'000	710'000
Coordination technique - Acquisition d'immeubles bâtis Lorang Stee 70.000 / Grandgenet 870.000 / Fonds du rail 9.000 / Etat 14.000	2'945'269	970'000
Précarité sociale - Projet épicerie solidaire	556'438	556'438
Précarité sociale - Rénovation maison Reuter	300'000	100'000
Service d'incendie et de sauvetage - Extension centre d'intervention à Soleuvre	650'000	135'625
Tourisme - Signalisation des chemins piétons (mobilité douce)	60'000	60'000
Transports routiers - Remplacement d'aubettes sur le territoire de la commune	50'000	60'000
Transports routiers - Participation T.i.c.e.	276'881	276'881
Gestion des eaux usées - Bassin d'orage rue de l'usine à Belvaux	0	102'000
Gestion des eaux usées - Raccordement de la ville de Differdange et de la localité de Soleuvre à la station d'épuration de Pétange	70'000	70'000

Gestion des eaux usées - S.I.A.C.H. - Syndicat intercommunal pour l'assainissement du bassin de la chiers (station d'épuration de Pétange/Rodange)	775'000	775'000
Mesure d'économie d'énergie - Projet maison 2020	390'977	294'308
Logements à prix réduit (social) - Achat de terrains Hary 155.000 / Lorang Stee + Frais 1.020.000 / Kiefer 648.000 / Sabotic a Kaufmann 213.000 / Lezer rue de France 91.600 / Kemp rue de Belvaux 57.200 / Kühn 198.000	1'153'000	2'390'000
Places publiques - Construction d'une piste Pumptrack et équipement aire de jeux Belvaux-Poste	0	53'381
Places publiques - Réaménagement Parc Tippewee	150'000	151'044
Voirie vicinale - Renouvellement Voirie Fenkelbiereg	350'000	350'317
Gestion des eaux usées - Canalisation cité Fenkelbiereg à Belvaux	65'095	107'000
Voirie vicinale - Réaménagement rue de la Croix / rue Basse à Soleuvre	80'000	80'000
Voirie vicinale - Apaisement du trafic sur le territoire de la commune	130'000	130'000
Parcs - Aménagement du jardin du château de Sanem	100'000	100'000
Cimetière - Agrandissement columbariums à Belvaux	100'000	95'940
Alimentation en eau - Renouvellement conduite eau Fenkelbiereg	300'000	300'000
Alimentation en eau - Pose d'une conduite d'eau DN 300 entre la Dickskopp à Soleuvre et le réservoir Loetschef - Phase 2	930'064	500'000
Alimentation en eau - Participation projet FTTH P & T - Conduite d'eau	450'000	450'000
Voirie vicinale - Participation projet FTTH P&T mise en souterrain CREOS et Eltrona	232'725	271'123
Alimentation en eau - réservoir Loetschef, komplette Instandsetzung inkl. Lüftung	100'000	100'000
Alimentation en eau - Acquisition de matériel spécial pour la détection de fuites d'eau, montable sur véhicule de transport	70'000	70'000
Alimentation en eau - Travaux d'investissement du réseau	200'000	230'000
Alimentation en eau - Travaux d'investissement de génie civil pour l'entretien du réseau d'eau potable	280'000	350'000
Eclairage public - Réaménagement de l'éclairage public suite au Masterplan	265'000	180'000
Autres logements et équipements collectifs - Maison Feis, 16, rue de la Poste à Belvaux, travaux d'entretien	0	72'706
Autres logements et équipements collectifs - Dotation au fonds de réserve pacte logement	1'366'065	1'317'586
Maisons de retraite et de soins - Construction d'un nouveau CIPA à Belvaux	300'000	353'645
Loisirs - Installations au Galgenberg Belvaux	730'000	450'000
Halls sportifs - Extension hall sportif	0	1'100'000
Halls sportifs - Construction d'un hall multisports à Sanem	1'500'000	250'000
Halls sportifs - Façade Corks	1'000'000	100'000
Hall sportifs - Rénovation du sol du 3ième terrain dans le hall de tennis à Soleuvre	83'000	76'000
Construction d'une buvette estivale pour le Cercle Bouliste et Culturel Belvaux-Metzerlach A.s.b.l.	200'000	200'000
Musées - Aménagement d'un musée didactique et archives A Gadder	500'000	100'000
Enseignement fondamental - Construction d'un complexe scolaire avec maison relais et hall sportif à Belval-Sud	750'000	200'000
Enseignement fondamental - Aménagement cours écoles	50'000	77'875
Enseignement fondamental - Construction d'un bâtiment pour l'éducation différenciée à Belval-Sud	1'350'000	380'000
Enseignement fondamental - Renouvellement chauffage gymnase Ecole Belvaux Poste	270'000	290'000

Den Impôt commercial leit am Rectifié 2015 bei 11.339.350,- € par rapport zu 12.051.134,- € initial. A fir 2016 kréie mer 12.195.732,- €. Dat ass e Plus vun initial 2015 op initial 2016 vu 1,20 %.

Dotations d'Etat fir 2016 klammen em 3,56 % op 24.586.864 €.

Zesumme sinn dat 36,782 Milliounen €. Wat dann nach just ronn 1.987.596 € méi si wéi 2015.

Duerch de Pacte logement kréie mer 1.786.793,- € an eis Kees fir d'Joer 2016. Si stinn als globale Montant am Budget, ginn awer op verschidde Projeten opgedeelt, sou wéi dat och an de Budgete virdrun de Fall war.

D'Personalkäschte maachen nach ëmmer de Gros vun eisen Depensen aus. Déi belafen sech fir 2015 (rectifié) op 35,164 Milliounen € a fir 2016 op 38,143 Milliounen €. Do ass der Käschtenevolutioun Rechnung gedroen (Steigerung vun de Carrièren, Index,...) an do sinn eng Parti Neistellungen derbäi.

Fir ganz richtig ze si muss een awer bei eis an der Gemeng de CIPA erausrechnen. Dat si 7,704 Milliounen € déi dann ewechkomme wat da nach Personalkäschte vun 30,439 Milliounen € fir 2016 mécht, wat da 50,11 % vun den ordinäre Gesamtausgabe mécht. (Mam CIPA agerechent maachen et 62,79 % vun den Ordinären Ausgaben). Hei leie mer am Ëmfeld vun de Nopeschgemengen.

Virgesinn anzestellen hu mer fir d'Joer 2016 18,5, ETP.

An eiser Reserve sinn och nach 3 Milliounen €. Och dorwäert kënnen mer gären eemol hei am CC schwätzen op a wéini mer des Sue solle verwennen an zu welchen Zwecker.

Lo komme mer zur Analyse vum ordinären Deel, dee vum Myriam Cecchetti gemaach gëtt.

### Budget rectifié 2015 et budget ordinaire 2016 / Myriam Cecchetti (Déi Gréng):

Léiw Conseillèren, Léiw Conseilleren, Léiw Leit vun der Press,

Et ass alt erëm esou wäit. Et ass e Joer vergaangen an d'Budgetsried ass nees un der Dagesuerdung.

All Joer stellen de Buergermeeschter an ech selwer de Budget fir an e puer Deeg méi spët gëtt de Budget ausernee geholl, a mär, als Majoritéitspartei kréien der e puer ausgewëscht vun den Oppositionsparteien. All Joer kann een de Vote quasi virausgesinn.


All Joer gëtt am Virfeld diskutéiert, gestrach, bäigefügt wat vergiess ginn ass.

All Joer muss eise Service Financier, all déi Donnéeën iwwerpräiwen, upassen, änneren.

All Joer muss eist Sekretariat kucken dat all d'Chifferen esou fréi wéi méiglech un eis Conseilleren an -iere weidergeleet gëtt.

Dofir hinne wéi och all Joer e grouse MERCI!

### Achats non-stockés



	2014 (compte)	2015 (rectifié)	2016
Achats non stockés: Eau	287'706,00	375'300,00	306'300,00
Achats non stockés: Electricité	800'607,00	917'950,00	922'890,00
Achats non stockés: Gaz de canalisation	422'548,00	618'110,00	612'800,00
Fournitures consom- mables: Mazout	1'023,00	1'000,00	2'000,00

Op dësem Tableau gesitt dier ganz genee wat mär als Gemeng un Waasser, Elektresch, Gas a Mazout verbrauchen. Hei ass alles zesummegefaasst, mee mär kënnen déi Donnéeën do op déi verschidde Gebaier opdeelen an da méi genee kucke wou mär wat verbraucht hunn a wat mär u méigleche Spuermoossenamen hunn. Dëst ass enorm wichteg am Kader vum

Klimapakt, wou mär virun e puer Deeg eisen Audit haten an elo op de Rapport waarden. Mee mär hunn et awer emol sécher gepackt déi 50 ze maachen an esou mat 250.000 € belount ze ginn op 2 Joer.

Mär huelen eis nämlech als éischt emol mat der eegener Nues, mär wëlle nämlech mam gudden Beispill fir goen. Mär wäerten am Kader vum Klimapakt an deenen nächste Woche kucke wéi mar déi bestoend Gebaier besser isoléiere kënnen respektiv wéi mär se sanéieren. Dëst ass déi eenzeg Méiglechkeet am Klimapakt weider ze kommen.

Mam Masterplang iwwert eis öffentlech Belichtung als Outil ersetzen mär och d'nächst Joer nees déi stromfriessend Luten op eise Stroossen, eise Plazen.

Awer och an eise Gebaier stelle mär op LED em wa mär e Sall erneiere wéi z.B. an eisem neien Hochzäitssall hei ënnen an.

Mär sinn och nach ëmmer um Wee ze kucke wéi een d'Energieplanung an de PAG verankere kann, wéi een d'Bautereglementer upasse kann. Well jee nodeems wéi een en Haus dréint kann ee scho vill Energie spuere respektiv der souguer selwer produzéieren. Dëse Schratt ass net esou einfach well gemengt gëtt d'Architekten an d'Planer géife souwisou dorunner denken, mee wäit gefeelt. An eise Service écologique huet et dann net ëmmer einfach well si sech ganz oft musse Virwërf unhéiere loossen si géifen sech awer nu wierklech an alles wëllen amëschen. Mee dorëms geet et net. Et geet dorëms Gewunnechten ze änneren an dat ass net ëmmer einfach well de Mënsch ass e "Gewohnheitstier". Mär hunn jo och eng Conventioun mat My Energy ënnerschriwwen fir dat eis Bierger en Energieberoder an Usproch huele kënnen.

Mat eisem Projet Maison 2020, deen elo endlech mol weider geet, wëlle mär eise Bierger an Hand vun der Sanéierung vun engem Haus "best practice" Beispiller weisen sou wéi och wat de Käschtepunkt ass a wat d'Subventiounen uginn.

Dëst Haus soll dono och als "logement social" verlount ginn.

Fir 2016 kucke mär dann och fir d'Donnéeë kënnen ze kréie wat vu Gas an Elektresch um Territoire vun eiser Gemeng iwwerhaupt verbraucht gëtt. Sou dat mär déi Donnéeën och mat an eise Klimapakt kënnen ophuelen a wa mär dann eng Sensibiliséierungscampagne bei eise Matbierger maachen, och kënnen gesinn op et eppes bréngt a wat et bréngt. Mär hunn am Kader vun

eisen Ëmweltwochen 2015 ugefangen d'Bierger mat an de Klimapakt méi anzebannen.

2015 ass dat neit Müllreglement och a Kraaft gesat ginn.

An dësem Müllreglement hunn elo och endlech d'Betriber d'Méiglechkeet hiren "normalen" Hausmüll däerfe vun eis ofhuelen ze loossen esou wéi all aner Bierger och. Si gi vun eisem Ëmweltberoder kontaktéiert fir den RSE an eiser Gemeng konkret ëmzesetzen. Si solle gesinn dat et oft just e klengen Schratt bedeit fir eng responsabel Firma kënnen ze sinn déi CO2 Emissiounen aspuert an dobäi selwer nach Geld ka spueren also eng win-win Situatioun.

De Sperrmüll "auf Abruf", d.h. dat de Bierger bei eis urufft a gesot kritt wéini en um Tour ass, ass agefouert ginn a mär sinn net, esou wéi eng Rei Skeptiker gemengt hunn, iwwerrannt gi mat Ufroen an d'Bierger hunn dëse Schratt ganz guft opgeholl. En plus huet et de Virdeel dat mär gewuer ginn em wat fir e Sperrmüll et sech handelt an dat mär dann eventuell kënnen Müll vermeiden, wat eigentlech dat éischt Ziel vun eisem Müllreglement ass, z.B. dat mär Miwwelen un den Okkasiounsbuttik respektiv Nei Aarbecht wieder vermëttele kinnten. Vermeidung steet wéi scho gesot un éischer Stell dowéinst gi mär och als Gemeng op de Wee dat mär eis eege Fester mat esou wéineg wéi méiglech Offall wëlle feieren. Mär wëllen och eis Veräiner do an d'Boot kréien, dowéinst si mär elo am gaangen ze kucke wéi mär z.B. de Bieles am Jumm mat eise Plastiksignes-Bechere kënnen andecken. Dëst als Test fir nach méi grouss Organisatiounen wéi z.B. d'Cyclocrossweltmeeschterschaft.

Nieft all deenen dote Punkten si mär awer och an der Mobilitéit tätég. Mär hunn elo endlech eis éischt 5 Vélo'Ok-Stationen mat Elektro-biken opgeriicht. Mär investéiere souwisou och nach weider an eisem Fierpark an Elektroautoen. Ënnert anerem gi mär och nach ëmmer eisem Personal d'Méiglechkeet den M-Pass 30 méi bëlleg ze kréie well mär si wëllen urenge mat Zuch a Bus op d'Aarbecht ze kommen.

Dëst Joer hu mär d'Fussgängerleitsystem agefouert (d'Beschëlderung mat Km a Minutten) fir dat eis Bierger eng Iwwersiicht kréie wat fir Weeër wouhi ginn, ginn 2016 endlech d'Kaarten (Vélo- a Fousweeër) gedréckt.

Där gesitt och hei setze mär op d'Veilfalt vun de Méiglechkeete well et gëtt net DÉI eng Léisung fir all Mënsch.

Eis Noerhuelungsgebidder wéi de Gaalgebierg respektiv d'Suessemer Schlass stinn och nach ëmmer am Budget 2016/2017/2018 dran, vu dat mär do 2 ganz grouss Projekte realiséiere wäerten déi och dem doucen Tourismus ze gutt komme wäerten.


Beim Schlass steet och de Gaart op der Lee, als Schoulgaart mee och, deen deen elo jo scho mat Colabor funktionéiert wou Biogeméis an Uebst ugebaut gëtt fir eis Kantinnen an der Maison Relais sou wéi fir Eis Epicerie (no Weeër). Mär hunn endlech de GO vum Ministär kritt fir kënnen d'Mauern ze sanéieren an och d'Ënnerstänn vun den Déieren ëmzebauen.

Mär maachen eis staark fir dat an all eise gemengeneegene Kantine respektiv op Gemengeniessen biologesch, regional Fairtrade Produiten agesat solle ginn, well mär jo och eng Klimabündnis, Fairtrade, OGM a Pestizidfräi Gemeng sinn an dat sollen net nëmmen eidel Floskele sinn.

Eis Epicerie ass och de 6.6.2015 opgaangen a mär wäerten si ënnerstëtzen andeems mär op déi kuerz Weeër setzen an dat wat mär iwwert si kënnen kréien och do wäerte kafen. Dann ënnerstëtze mär d'Economie circulaire, mär loossen den Euro an eiser Wiirtschaft a mär schafen direkt (an der Epicerie selwer) an indirekt (bei eise Fournisseure wat Ateliers protégées respektiv Arbeitsbeschaffungsinitiative sinn) Arbeitsplazen.

Bei de Recetten hu mär als Gemeng net immens vill Afloss ausser op eis Taxe déi mär era kréie wou mär Käschtendeckend musse sinn, déi awer nëmmen e klengen Deel vun eise Recetten ausmaachen.

### Recettes & dépenses ordinaires - Prévisions




Op dësem Slide gesitt Dir wéi de BO vum Joer 2010 bis 2016 evoluéiert huet. Mär hunn op der enger Säit ëmmer méi Depensen an op der anerer Säit och ëmmer méi Recetten, mee d'Schéier zwëschen deenen 2 gëtt awer méi kleng. Sou hate mär 2014 am Compte nach 7.710 Mio €, 2015 am Rectifié nach 4.581 Mio € an am initial 2016 sinn et nach just 3.022 Mio € an eiser Previsioun wat de Solde ugeet.

Vu dat mär zu enge vun deene Gemenge gehéieren déi pro Kapp am mannste vun den Einnahme vum Staat kréien (eis Haupteinnahmequell ass nieft eisen eegenen, déi aus Taxe bestinn, d'Dotation de l'Etat an dem Impôt commercial) ass et schwiereg hei ze reagéiere well all neie Projet deen am BE realiséiert gëtt, do ginn och d'Personalkäschten an d'Lut an dat ass a wäert och den Hauptknackpunkt bleiwen.


Mee et soll jo eng Reform vum Staat an d'Haus stoe wou d'Dotatiounen anescht verdeelt solle ginn (dëst hunn ech och schon d'lescht Joer gesot).

### Dépenses ordinaires 2015/2016



Op dësem Slide vergläiche mär dann emol DO initial mat dem Rectifié 2015 deen em 1,70 erofgaangen ass. 2016 sollen DO dann awer wierklech substantiell erop goen an zwar em sage und schreibe 7,60.

### Budget ordinaire 2014/2016



	Compte 2014	Rectifié 2015	Initial 2016
Recettes ordinaires	58'813'736,91	61'035'439,60	63'767'022,44
Dépenses ordinaires	51'103'728,10	56'454'486,32	60'744'877,64
Solde ordinaire	7'710'008,81	4'580'953,28	3'022'144,80

Fir d'éischt déi global Sicht wat d'Dépenses ordinaires ugeet:

Am Compte 2014 do hate mär eng DO vun 51,103 Mio € an eng RO vun 58,813 Mio €, bliwwe sinn eis also 7,710 Mio €.

Am B115 hate mär 57.432 Mio € Depensen an am Rectifié: 56,454 Mio €

Fir de Budget 2016 si 60.744 Mio € Dépenses ordinaires virgesinn.

Mee wat een awer elo scho soe kann esouwuel d'Depense wéi och d'Recette gi lues a lues ëmmer méi héich.

#### Budget ordinaire dépenses 2015 - 2016

	2015 initial Dépenses	2015 rectifié Dépenses	% (pr Budget initial 2015)	2016 initial Dépenses	% (pr Budget rectifié 2015)
Service ordinaire					
1- Services généraux des administrations publiques	12'443'788	11'642'501	- 6.44	12'792'287	9.88
2- Protection sociale	9'972'135	10'355'379	3.84	11'104'943	7.24
3- Ordre et sécurité publique	544'520	568'701	4.44	686'920	20.79
4- Affaires économiques	1'642'306	1'738'801	5.88	1'889'238	8.65
5- Protection de l'environnement	4'640'858	4'418'548	- 4.79	4'890'091	10.67
6- Logements et équipements collectifs	6'221'361	6'080'261	- 2.27	6'491'761	6.77
7- Santé	9'390'618	8'934'851	- 4.85	9'689'186	8.44
8- Loisirs, culture et culte	3'711'287	3'750'896	1.07	4'030'786	7.46
9- Enseignement	8'866'000	8'964'549	1.11	9'169'665	2.29
	57'432'873	56'454'487	-1.70	60'744'877	7.60

Hei gesitt där d'Evolutioun vun den Depensen an deene verschiddene Servicer déi mär am BO ubidden.

Wéi all Joer muss ech awer nach bemierken dat eng Gemeng un éischer Plaz eng administrativ Aufgab huet, déi se erfëlle muss zur Zefriddenheet vun hire Biergerinnen a Bierger a fir dat kënnen ze maache muss si sech och deen néidege Personalschlëssel ginn. Wat d'Gemeng mat hire Bierger méi wísst wat och verschidde Servicer mussen opgestockt gi respektiv nei Servicer agefouert gi respektiv ganz aner Carrièren erfuerdert sinn.

Wa fréier en Expéditionnair oder e Redakter duergaangen ass muss et elo dës öfteren en Universitaire sinn.

Dat schléit sech natierlech op de BO an den Depensen niddler.

Donieft huet si awer och, an dat ëmmer méi, eng sozial Aufgab, déi se oft besser wéi de Staat erfëlle kann, well se méi no bei de Bierger ass, a grad déi sozial Aufgab muss se virun allem a méi schwéieren Zäiten erfëllen. An déi schwéier Zäiten hu mär a wäerten se och nach leider e bësse behalen well d'Kris ass nach laang net gedoen. Well mär och bei eise Bierger ëmmer méi eng grouss Schéier kréie wat de Wuelstand ugeet.

Eng Gemeng huet awer och eng gesellschaftspolitesch Aufgab, d.h. si muss fir eng optimal Schoulinfrastruktur a -begleedung suergen, hei bidde mär Servicer wéi den SLD an de Rase un. Dee leschten hu mär esouguer ausgebaut vun enger 50 % Assistant social Platz op eng 100 %.

Mär suergen och fir eng familljefrëndlech Kannerbetreiung an zwar dat mär keng Waardelëschten hunn an eise Maison Relaisen, dat eist Personal optimal ausgebilt ass, mär sinn eis och eiser Verantwortung bewusst déi mär bei

deene ganz klenge Kanner (0-3 Joer) hunn a wäerten do an deenen nächste Joeren eng Gemengecrèche um Belval Sud opmaachen.

Mat eisem Chancegläichheetsservice suerge mär fir Gläichheet tëscht Mann a Fra. Mär hunn dowéinst virun e puer Wochen e Präis iwuerreecht kritt wéint eisem Aktionsplang, dee mär konsequent versichen ëmzesetzen am Déngscht vun eise Matbierger. Fir 2016 hu mär eng Brochure opgestallt mam Joresprogramm deen ënnert dem Motto steet d'Fraen am Beruff ze stäerken.

Mär probéieren Aktivitéite fir Jonk a manner Jonk, fir sportlech a kulturell Betätungen, unzbedden an och alle déi ënnert dem Standpunkt vun der Nohaltegkeet, wou mär och konsequent probéieren eis eege Verhalen ënnert d'Lupp ze huelen an ze änneren an da mam gudden Beispill fir ze goen.

De Schaffen- an de Gemengerot ass an der Pflicht iwwert d'Opstellen an d'Ofstëmme vum Budget déi grouss Weichen ze stellen, an dobäi natierlech de finanzielle Spillraum dee mer hunn ze berücksichtegen.


Dat ass mat 21,06 eis Administratioun, duerch d'Paie bedéngt, mat 18,28 d'Protection sociale, dorënner falen dann d'Maison Relais an domat nees eng héich Unzuel u Paien an den 3. um Podium d'Santé, dorënner fällt eise REWA a nees sinn et d'Paien déi an d'Gewicht falen. Mee eigentlech misst een déi eraus rechnen wann een de Verglach mat anere Gemenge wëllt maachen déi keen eegene CIPA bedreiwen.

### Budget ordinaire recettes 2015 - 2016

	2015 initial Recettes	2015 rectifié Recettes	% (pr Budget initial 2015)	2016 initial Recettes	% (pr Budget rectifié 2015)
Service ordinaire					
1- Services généraux des administrations publiques	37'255'942	36'270'986	- 2.64	38'210'757	5.35
2- Protection sociale	6'354'353	7'571'995	19.16	7'610'635	0.51
3- Ordre et sécurité publique	67'000	77'000	14.93	77'000	0.00
4- Affaires économiques	950'030	1'432'900	50.83	1'493'178	4.21
5- Protection de l'environnement	3'417'700	3'530'312	3.29	3'926'200	11.21
6- Logements et équipements collectifs	2'086'530	2'370'018	13.59	2'349'053	- 0.88
7- Santé	9'308'150	9'138'900	- 1.82	9'503'500	3.99
8- Loisirs, culture et culte	221'500	153'000	- 30.93	179'600	17.39
9- Enseignement	436'800	418'505	- 4.19	417'100	- 0.34
10- Codes Techniques		71'822			
	60'098'005	61'035'438		63'767'023	


Op dësem Slide gesitt där dann d'Recettes ordinaires op déi verschidde Services ventiléiert mat de % dobäi. Et ass esou dat Dotations de l'Etat esou wéi den Impôt commercial an awer och all aner Ressources non affectées hei erëm ze fanne si wat natierlech de Budget vun der Administratioun fälscht. Dowéinst hunn ech mär erlaabt an engem anere Graphik dee méi spët wäert optauchen dëst eraus ze rechnen.

### Dépenses ordinaires 2016



Op dësem Graphique gesitt där op ee Bléck all d'Depenses 2016 a Prozenter opgespléckt. Do gesäit ee ganz guut wat fir en Service déi gréissten Depenses hunn.

### Charges salariales



Dëse Graphik ass dann eigentlech de Beweis vun deem wat ech virdu scho gesot hunn dat de Gros vum ordinäre Budget d'Paie sinn, wat jo eigentlech ganz normal ass vu dat mär eng ganz Rei vu Services als Gemeng ubidde musse fir eis Bierger a fir dat uerdentlech ze garantéiere musse mär eng Rei vun Ugestallten hunn.

## Personal

Département	Statut	Carrière	Service	ETP	Remarques
Administration	Fonctionnaire	Rédacteur	Secrétariat	1	Rédacteur de réserve (L. Becker sera affecté à 100% fixe au SF - actuellement 50% SF et 50% SECR)
	Fonctionnaire	Rédacteur ou Bachelor	Bureau des bâtisses	1	Projets, Autorisations de construire (+délais) & contrôles des chantiers
	Fonctionnaire	Expéditionnaire admin.	Service écologique	1	Renforcement du service - divers projets & pacte climat
	Fonctionnaire	Expéditionnaire admin.	Facturation	0.5	Renforcement du service - augmentation fréquence factures
	Fonctionnaire / Empl Comm.	à déterminer (Rédacteur ou Carrière sup.)	Service des festivités et de la culture	1	Chargé relations publiques - recrutement en cours
	Salarié (CCT-Sud)	Artisan	Service informatique	1	Électronicien en communication / Reprise du réseau télécommunication. Augmentation du parc informatique (+ maintenance & support)
	Salarié (Empl. Privé)	Employé C	État civil	0.5	CDD Concessions cimetières (+/- 6 mois)
Service Technique - Projets	Fonctionnaires	Agent municipal	Service Agents municipaux	2	Renforcement du service
	Salarié (CCT-Sud)	Artisan	ST-Proj	1	Surveillant chantier - contrôle des chantiers des projets communaux & travaux publics
Service Technique - Régie (suivant plan de recrutement 2016)	Salarié (CCT-Sud)	Ouvrier de nettoyage	SR-Infrastructures	4	Nettoyage extérieur (proprété de la commune - voirie, parcs, etc...)
	Salarié (CCT-Sud)	Artisan	SR-Bâtiments	1	Électricien
	Salarié (CCT-Sud)	Artisan	SR-Bâtiments	1	Sanitaire/chauffagiste
	Salarié (CCT-Sud)	Artisan	SR-Eau potable	1	Technicien mécanique/électrique
	Salarié (CCT-Sud)	Ouvrier	SR-Environnement	3	CDD pour travaux saisonniers (+/- 6 mois)
	Salarié (CCT-Sud)	Ouvrier de nettoyage	SR-Nettoyage	0.75	Kannerbuerg
CIPA REWA	Salarié (CCT-SAS)	PS1	Soins	0.5	Ergothérapeute
	Salarié (CCT-SAS)	PS1	Soins	0.5	Kinésithérapeute
	Salarié (CCT-SAS)	PAM3	Restauration	1	Agent de restauration
	Salarié (CCT-SAS)	PAM3	Nettoyage	0.75	Agent de nettoyage
<b>TOTAL CDI</b>				<b>20.5</b>	
<b>TOTAL CDD</b>				<b>3.5</b>	

Hei e klengen Tableau mat deenen wichtigsten Ëmännerungen:

Wat d'Administratioun ugeet:

Do sinn 1 Réserverédacteur an 1 Rédacteur fir d'Sekretariat an de Bautebüro virgesinn.

Dobäi kommen 2 Expéditionnaire fir d'Facturation an de Service écologique. Dann nach eng Persoun fir de

Service Festivités wou d'Carrière nach net definéiert ass (hängt vun de valabele Kandidaturen of). 1 Artisan fir d'Informatik an 1 Persoun à durée déterminée fir 6 Méint fir d'Mise à jour vun de Kierfechter.

**Service Régie:**

Laut dem Plan de Recrutement freet den SR fir 2016 10 nei Leit:

- Infrastructures: 4 Aarbechter
- Bâtiment: 1 Elektriker an 1 Chauffagiste
- Environnement: 3 CDD fir Saison-Aarbechten
- Eau: 1 Techniker

#### Service technique:

- 2 Agents municipaux
- 1 Artisan fir d'Chantieren ze surveilléieren

#### Botzpersonal: 3 Persounen

- 1 fir d'Kannerbuerg
- 2 fir an d'Volante-Equipe


#### REWA:

- 0,5 Ergothérapeute
- 0,5 Kinésithérapeute
- 1 Agent de Restauratioun
- 0,75 Agent de nettoyage

#### RASE:

- 0,5 Assistant Social


#### Recettes ordinaires 2016 sans ressources non affectées



Bei dëser Grafik gesitt Dir Prozentzuele vun de Recettes ordinaires op ee Bléck, awer net esou wéi se am Budget sti mee hei ass dee Graphik vun deem ech lech virdu scho geschwat hunn an deem ech mär erlaabt hunn Dotations de l'Etat esou wéi den Impôt commercial an awer och all aner Ressources non affectées eraus ze rechnen, well et de Budget vun der Administratioun soss verfälscht.

Wéi hunn sech dës Dépenses ordinaires am leschte Jorzéngt entwéckelt? Dat kucke mär op dem nächste Graphik:

#### Evolution DO+ICC+FCDF



- DOTATION DE L'ETAT
- IMPOT COMMERCIAL
- TOTAL ICC + FCDF
- DEPENSES ORDINAIRES

Mär gesinn, datt déi 2 Linnen (den Impôt Commercial ICC + d'Dotation de l'Etat FCDF) schéi parallel lafen an dat eis Depense steil an d'Lut gaange sinn. D'Schéier gëtt ëmmer méi grouss.


Di lescht Joren hunn wéi gesot déi staatlech Einnahme stagnéiert, wat virun allem op d'Zeréckgoe vum Impôt commercial zrëckzeféieren ass, déi awer elo nees lichter unzéie wéi där um Tableau gesitt.

Wa mer eis also och eens sinn, datt mer bei den Dépenses ordinaires musse spueren, sou ass dat natierlech méi séier gesot wéi gemaach aus deenen Ursachen déi ech jo schon opgezielt hunn.

Eis Dépenses ordinaires sinn zu ronn 75 Dépenses obligatoires, also Depense wou mär net wierklech en Afloss drop hunn. Och bei deene reschtliche 25% ass e Spueren zwar méiglech, awer och net einfach, well och dat eng Rei Servicer sinn, déi vläicht net liewensnoutwenneg sinn, déi awer och net einfach esou ofzeschafe sinn.

A wéi ech och schon déi lescht Joere bemierkt hunn huet de Staat den Aufgabeberäich vun de Gemengen ëmmer méi erweidert. E misst also och dofir suergen, datt d'Gemengen déi néideg Recetten zur Verfügung hätten, fir déi Aufgaben anstänneg ze erfëllen.

## Recettes & Dépenses ordinaires




Op dësem Slide gesi mär d'Recette an d'Depense op ee Bléck am Verglach.

2015 hate mär am BI 60,098 Mio € als Recettes ordinaires ageplangt, et stinn der elo awer am BR 2015 1,56 méi dran also 61,035 Mio €. Genee esou mat de DOI vun 2015 do waren der 57,433 Mio € geplangt mee schlussendlech sinn an den DOR vun 2015 -1,70 manner ginn, nämlech 56,454 Mio €.

Mär haten am BO mat engem Iwwerschoss vun 2.665 Mio € gerechent mee am Endeffekt sinn et der awer méi ginn an zwar 4,581 Mio € ginn.

2016 rechne mär am Budget Initial Recettë vun 63.767 Mio € (e plus vu 6,11% par Rapport zu 2015) an an den Depensen e Plus vu 7,60% vu 60,745 Mio €. D'Depense ginn also prozentual gesi méi an d'Lut wéi d'Recetten. Mär géifen dann nach e Boni vun 3,022 Mio € behalen.


## Recettes FCDF de la Commune:



Hei gesitt dir op ee Bléck wéi d'Dotations vum Staat vun 2010 un evoluéiert hunn. Si sinn an d'Lut gaange mee awer ëmmer manner.

2015 hu mär 23.455 Mio € kritt an 2016 sinn et der 24.587 Mio €.

## Taxes communales



Op dësem Graphik gesi mär all eis Taxen op ee Bléck.


De Gros vun eise Recette sinn d'Dotations de l'Etat op dee mär leider absolut keen Afloss hunn. Et gesäit jo mol esou aus wéi wa mär fir 2016 e plus vu 4,82% hätten.

Beim Impôt commercial gesäit et folgendermoossen aus dat beim Rectifié 2015 et em 5,91 erofgaangen ass awer fir 2016 em 7,55 nees an d'Lut geet.

Beim Müll gesi mär dat mär d'nächst Joer och nees käschtendeckend si well mär jo dat neit Müllreglement a Kraaft gesat hunn.

Wéi gesäit elo eisen Iwwerschoss am ordinäre Budget aus?

**Grafik: Boni ordinaire (1995-2016)**



Hei e Graphik iwwert d'Evolution vum Boni Ordinaire iwwert déi lescht 11 Joer. Do gesi măr dat momentan esou wéi 2001/2002 respektiv 2005 an 2009 och elo d'Courbe nees erof geet.


Fir de Rectifié 2015 rechne mer mat engem lwwerschoss vun 1.766 Mio € géigeniwwer vun deenen 2,665 Mio € déi ursprénglech am Initial dra stoungen.

Fir de Budget 2016 rechne măr mat engem lwwerschoss am Ordinäre vun 3,022 Mio €. Măr hoffen awer dat wéi déi Joere virdrun de Rectifié besser ausfällt.

Dobäi muss een awer och berücksichtegen, datt mer am Fonds de réserve nach 3 Mio. € als Mouk hunn.

Wéi ass d'Situatioun vun eiser Schold.

**Emprunt**



Op dësem Graphik gesi măr de Boni présumé fin 2015 mat 1,766 Mio € ugeschloe plus de Boni Ordinaire 2016 deen sech op 3,022 Mio € chiffriert. Măr gesinn awer

och de Mali aus dem EO (dat sinn ED - ER) dee măr droe mussen an sech op 4,307 Mio € chiffriert.

Fir dat eise Budget 2016 opgeet musse măr den Emprunt maache vun de 6 Mio déi schon am Februar 2014 vum CC approuvéiert goufe plus der nach 2,6 Mio dobäi wat am Ganzen der 8,600 Mio € géif maachen esou dat Enn 2016 eis Prokappverscheldung vun 1.063 € nees op 1.452 € erop goe géif. Măr hoffen natierlech dat măr déi 2.600 Mio net brauchen opzehuelen.

Op der Säit 147 vum Budget fannt dir nach e Prêt dee măr net an eistem Tableau matgerechent hunn well deen de Budget géif verfälschen. Et handelt sech hei em d'Zomm vun 2,225 Mio € fir d'Education différenciée kënnen ze bauen. De Staat bezilt den Emprunt zréc, mee d'Conventioun ass awer nach net gemaach.

## Tableau Emprunts

Emprunts									
*	Situation au	Solde	Habitants	Par tête d'habitant	Recettes ordinaires	Annuités	dont capital	dont intérêts	% des RO
C	31.12.2003	10'737'789	14'000	767	30'745'549	1'123'289	623'778	499'511	3.65 %
C	31.12.2004	12'026'200	14'100	853	30'753'093	1'219'762	785'840	433'922	3.97 %
C	31.12.2005	11'864'926	14'150	839	31'385'621	1'348'450	901'633	446'817	4.30 %
C	31.12.2006	10'134'306	14'250	711	37'829'538	1'371'220	924'790	446'430	3.62 %
C	31.12.2007	9'229'567	14'400	641	38'637'746	1'426'041	933'570	492'471	3.69 %
C	31.12.2008	8'261'743	14'450	572	41'198'864	1'462'302	967'278	495'024	3.55 %
Et ass och net gesot ginn, ob eise Virschlag een Deel vum Präis vum M-Pass op sämtlech Bierger aus ze dehnen ugeholl ginn ass. D'Madame Schäffin huet eis gezielt, dass d'Gemeng aktuell 30% vum Präis vum M-Pass fir d'Gemengepersonal iwwerhëlt, mä mär hate jo de Virschlag gemat, dass sämtlech Bierger, d'selwecht wéi bei der Jumbos-Kuart, och sollte sensibiliséiert an ënnerstëtzt gi fir den ëffentlechen Transport ze benotzen. Mär haten an deem Kontext och gefrot, ob dës Ënnerstëtzung net am Kader vum Klimapakt kéint lafen.

Da vermësse mär och eng eege Gemengeninitiativ fir d'Flüchtlingen. D'Gemeng huet sécherlech näischt dergéint, wann de Stad Flüchtlingen zu Zolwer am fréieren Altersheem an zu Suessem am alen an zukünftege Bau ënnerbréngt, mä si selwer huet bis haut nach näischt konkretes ënnerholl resp. eppes aus dem eegene Portmonni investiert.

Bei all Ufro vu Veräiner resp. ONGe fir eng finanziell Hëllef, déi vun der Finanzkommissioun aviséiert ginn ass, ass eestëmmeg gemengt ginn, dass d'ASBL „Gemeng Suessem hëllef“ sollt Méttelen zur Verfügung gestallt kréie fir de Flüchtlinge kënnen ze hëllefen. De Budgetsposte fir „Gemeng Suessem hëllef“ ass fir 2016 awer leider nëmmen un d'Awunnerzuel ugepasst ginn (1 € pro Awunner). Mäer begrëssen a fannen et immens luewenswäert, dass Veräiner aus der Gemeng Flüchtlinge bei sech an hirem Veräinsliewen ophuelen, mä deelen awer och hir Bedenke wat d'juristesesch resp. medezinesch Ofdeckung ugeet an hunn dohier dem Schäfferot mat op de Wee ginn ze kucken, ob d'Gemeng net kéint d'Veräinslizenze vun deene Leit bezuelen. Esou wéi et am Budget eraus ze liesen ass, geschitt och op dësem Punkt leider näischt.

Mäer haten eis och eng Kéier iwwert d'Dauer vun de Schantercher an eiser Gemeng opgereegt an haten dohier dem Schäfferot mat op de Wee ginn deene Bauhären déi hir Délaien net anhale Strofgelder ze verhänken. Da kéint ee sech och um Péitenger Beispill inspiréieren an deene Bauhären, déi onnéideg d'„voie publique“ behënneren, Strofgelder verhänken an esouguer nach zousätzlech Kautiounen froen. Och dovun ass näischt am Budget erëm ze fannen.

Wéi déi Jore virdrun, wëllte mäer och eng Bemierkung zu de „commentaires budgétaires“ maachen. Mäer wëllten all deene Matuarbechter Merci soen déi sech d'Méi ginn, dass d'Informatiounen ëmmer besser ginn.

An awer bleift och dëst Joer erëm Loft no uewen.

An der Circulaire steet op der Säit 8 ganz kloer, wat fir Renseignement missten am Budget stoen: „Le commentaire budgétaire indiquera la date de l'engagement de l'aide à l'investissement, le montant total de l'aide engagée, le montant liquidé avant 2015, les montants prévus pour les années 2015 et 2016 et les tranches des aides restant à liquider après 2016. Il renseignera, en outre, sur l'état d'avancement des travaux, à savoir sur le montant total du/des devis approuvé(s) ou restant à approuver et sur la répartition des crédits sur les différents exercices budgétaires passés et à venir.“

An dës Angabe si bei eis ganz einfach net ginn. Et steet z.B. ni eppes dran, wéi e Projet an der Zukunft finanziert gëtt.

Ee Beispill fir dat z'illustréieren ass déi nei Sportshal zu Suessem. Den definitive Projet soll jo 9 875 000 € kaschten, bis 2014 si schon 357.913,46 € ausgi ginn, 2015 stinn 250 000 € am Rectifié an 2016 sinn 2,5 Milliounen geplangt.

Wéi gedenkt de Schäfferot d'Sportshal iwwert déi kommand Joeren ze finanzéieren?

Mäer hoffe jo, dass de Schäfferot dës Opdeelung am PPF (Plan pluriannuel de financement) fir sech gemat huet, mä als Oppositionspolitiker ass et schwéier esou ee grouse Projet am Detail chronologesch novollzéien ze kënnen.

Beim Réaménagement vum Hochzäits- a Gemengrotssall steet, dass 2014 ee Betrag vun 110 000 € guttgeheescht gi wuar. Am Budget rectificé vun 2015 sinn déi Suen och erëm ze fannen an awer sti fir 2016 nach eng Kéier 30 000 € dran. Den Hochzäitssall ass eises Wëssens an Aen no awer schon esou gutt ewéi fäerdeggestallt. Heescht dat dass dee ganze Projet ëm 30 000 € méi deier gëtt? Wat genee geschitt mat deenen zousätzleche Suen nach?

Da ginn et Projeten, wéi z.B. Kanalisatioun an der Déifferdenger Strooss, wou 500 000 € am Budget 2016 stinn a bis elo och schon 134 000 € ausgi gi sinn. Do misst et dach méiglech sinn eis de Betrag vum „Projet définitif“ och an de „commentaire budgétaire“ ze schreiwen.

En ähnlecht Beispill ass dat vum Aménagement vun der Groussgaass zu Bieles. Och do ass den Devis nach an der Maach an awer sti scho 610 000 € fir d'Voirie drann.

Dat selwecht gëllt fir de Knobelmusée an d'Archiven am Gadderhaus. Do sti 450 000 € dran an trotzdem och nach „devis en élaboration“.

Wéi solle mäer scho Betrag fir dat éischt Joer matstëmme wa mäer de Gesamtbetrag nach net kennen an net wësse wéi de Projet op déi nächst Joeren opgedeelt ass? Mäer kënnen Äech awer net zu dësem Zäitpunkt schon ee Fräifahrtsschäin ausstelle wa mäer de ganze Rateschwanz hannendrun net kennen.

Am virrechte PPF (Plan pluriannuel de financement) stung emol, dass de «Musée didactique Gadder» bis 2017 eis 1 800 000 € kaschte soll. Firwat steet dann elo abemol erëm „devis en élaboration“ am Budget 2016? Ass de Käschtepunkt elo bekannt oder net?

Et wär awer interessant ze wësse wat alles geplangt gëtt. Wéi steet et bei deem Projet mat de Personalkäschten? A wat fir enger Form bedeelegt sech de Stad bei deem ganze Projet, vun de Gebailechkeete bis bei d'Peien?

Een anert frappant Beispill ass dat vum Gaalgebierg. Déi 2 éischt Phasen kaschten zesammen hirem Devis no

600 000 €, elo steet do dass 2016 nach een „devis en élaboration“ ass. Bis 2014 si ronn 78 000 € ausgi ginn, mä wat heescht dat fir d'Zukunft?

Déi 500 000 € déi fir 2016 geplangt sinn, ass dat dann d'Phas 3? Wéi deier gëtt dee Gesamtprojet iwwerhaapt? Mä stëmmen all Kéier eenzel Phasen a verléieren den Iwwerbléck iwwert dat Ganzt, wann de Gesamtdevis net am Commentaire budgétaire steet.

Dee läschte PPF deen um Serveur ze fannen ass huet knapp 4 Säiten an do sti keng eenzel Projeten, mä nëmme grouss Rubriken dran. Deemno ass et schued, wa mä de PPF fir déi kommend Joeren eréischt am Januar oder Februar stëmmen.

Mä haten Äech d'läscht Joer och un d'Häerz geluet all eis Investor am Kader vum „Masterplan barrierefreies Bauen und Planen“ iergendwou ze vermierken, dëst ass leider och net geschitt. Et wär awer emol interessant ze wësse wat alles dorënner leeft.

Et ass schonn dat 4. Joer hannerteneen, dass mä de Buergermeeschter drop opmierksam maachen, dass heen déi falsch Zuele matenee vergläicht fir duerstelle wéi vill ëmgesat ginn ass.

De Buergermeeschter huet hei gesot, dass 70,17% vum ausseruerdentlech Budget am Joer 2015 ëmgesat gi wäeren.

Mä et sinn nach ëmmer déi falsch Betrag matenee verglach ginn, de Budget initial vum Joer virdu mat Budget rectificé vum lafende Joer, dobäi misst een awer d'„montants autorisés“ mam „rectifié“ vergläichen.

D'„montants autorisés“ sinn neemelech déi Betrag, déi de Schäfferot sech 2015 autorisiere gelooss huet, fir déi ausseruerdentlech Uarbechten ze maachen, déi hie virgesinn huet. A wann een déi Zuele matenee vergläicht, da läit de Prozentsaz dëst Joer nëmme nach bei 60,18%.

Wat d'Pro-Kapp-Verschëldung ugeet, esou hu mä jo och schonn déi Joere virdu gesot, dass ee kann driwwer diskutéiere wat fir eng Awunnerzuel een hält fir déi Rechnung ze maachen. Wann ee keng Previsioun vun der Awunnerzuel mécht, mä mat der aktueller Awunnerzuel rechent (esou wéi aner Gemengen dat och emol maachen), da wär eis Pro-Kapp-Verschëldung 1502 € an domat méi héich wéi déi Zuel déi de Buergermeeschter fir 2016 genannt hat (1452 €).

De Buergermeeschter huet och gezielt, dass virun 10 Joer d'Pro-Kapp-Verschëldung am Budget bei 1150 € lung an 2015 bei 1062, also 88 € manner wéi deemools. Nëmme dass dës d'Zuele vum Budget, also nach an der Planungsphas sinn. Fir et méi richtig ze maachen, misst een d'Zuele vun de Compte kucken, dat sinn neemelech déi Suen déi reell gebraucht gi sinn. Wa mä d'Compte vum leschten ofgeschlossene Joer kucken, d.h. 2014 mam Compte vun 10 Joer virdrun, also vun 2004, dann ass d'Pro-Kapp-Verschëldung vun 853 € op 1175 € geklommen. Et kann een also ëmmer déi Zuele matenee vergläichen, déi een am beschten arrangéieren...

Fir ze gesi wat fir ee Spillraum eng Gemeng huet, muss ee kucke wéi grouss den Iwwerschoss am uerdentleche Budget ass an dee verklengert sech vu Joer zu Joer weiter.

Mä musse bedenken, dass mä ëmmerhinn 1 250 000 € pro Joer fir d'Deponie op Gadderscheier kréien. Dës Sue kommen net éiweg eran an da muss op iergendenger Plaz zeréckgeschrafft ginn.

Esouguer mat dëse Sue si mä 2016 trotzdem op een neien Emprunt vun 2,6 Milliounen ugewise fir de Budget iwwerhaapt ze stabiliséieren, dobäi kommen nach déi 6 Milliounen déi och schonn ugefrot sinn, also 8,6 Milliounen am Ganzen, fir zum Schluss vum Joer 2016 op ee minimale Boni vu 481 482,58 € ze kommen.

Mä kënnen eis nach un Zäiten erënneren wou d'Oppositioun, dat wuären emol där, emol mä, sech ameséiert huet all déi Posten mat „devis en élaboration“ opzezielen.

Am Ganzen hu mä fir d'nächst Joer am Budget 71 „devis en élaboration“ gezielt fir ee Gesamtbetrag vun 6,12 Milliounen € (dobäi kommen der nach 4 bei deene mol keng Zomm steet). Dat ass héchst rekordverdächtig fir eis Gemeng!

Eisem Goût no sinn ze vill onbekannt an net definitiv chiffriert Betrag an dësem Budget, esou kann een net vun der Oppositioun verlaangen ee Budget mat ze droen.

D'Madame Schäffin hat an hirer Ried gemengt et kéint een all Joer de Vote, also d'Ofstëmme vum Budget, quasi virausgesinn. Wat eis ugeet, kann dat Wuert „quasi“ esouguer ewechfalen, mä bleiwen tatsächlech wéi ëmmer bei eisem Nee.

Nathalie MORGENTHALER

## DÉI GRÉNG-STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2016

Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, där Hären vun der Press.

Am Numm vun der Grénger Fraktioun well ech fir d'éischt dem Député-Maire vun der Gemeng Suessem, der 1. Schäffin, der Gemengesekretärin mat de Leit aus dem Gemengesekretariat, dem Personal aus dem Service financier e grouse Merci soen fir d'Presentatioun vum Budget 2016.

Dëse Budget ass wéi déi Jore schonns virdrun, ewei sot den Buergermeeschter en Meindeg bei der Präsentatioun vum Budget, e Budget an der Kontinuitéit vun de ville Projeten, dei mer an de leschten 10 Joer an d'Weeër geleet hunn. Fir eis dei Gréng ass et genau den 20. Budget den mer mat ausgeschafft hun an ëmmer an der Kontinuitéit an zum Wuel vun eise Bierger.

Dëst Joer wäerte vill nei geplangte Projete starten: zu Suessem déi nei Sportshal ewou mer hoffen dass mer geschwënn den éischte Spuetenstech maachen, um Belval-Sud déi nei Schoul dei waert endlech ugefang ginn, d'Renovatioun Schoul Scheierhaff, den Ediff Belval.

An enger Gemeng wéi Suessem huet all Ressort wichtig Aufgaben a Funktiounen. An 4 vun dëse Ressorten déi eis Gréng awer besonnesch um Häerz leien, et sin dat d'Emwelt-, d'Mobilitéits-, Schoul-, an Jugendpolitik, gëtt zanter 2 Jorzénkten eng guut Aarbecht geleescht an d'Resultater loosse sech weisen.

An och dëse Budget vun 2016 weist ganz däitlech d'Bereitschaft vum Schäfferot fir an dëse Beräicher an der Kontinuitéit weiderzeschaffen an domadder an eng nohalteng Zukunft vun eiser Gemeng ze investéieren.

Hei e puer Beispiller:

### 1. An der Ëmwelt.

Wéi kënne mir als Gemeng mam gudde Beispill virgoen, beim Waasser, Elektresch, Gas a Mazout? Mais dass mer eis Gemengegebaier, déi et schonns ginn, nach besser isoléieren?

Do wier jo de Projet Haus 2020.

Sensibilisierungskampagne bei eise Matbierger an Matbiergerinnen, fir nach manner Müll ze produzeieren, an manner Energie ze verbrauchen.

Dann de Masterplang fir eis öffentlech Luuchten op eise Stroossen, d'Konventioun mat My Energy. Dëst alles ass enorm wichtig am Kader vum Klimapakt.

Datt d'Gemeng op de Wee geet, bei eegene Fester esou wéineg Offall wéi méiglech wellen ze produzéieren, ass nëmme ze begréissen.

Eis Noerhuelungsgebidder, wéi de Galgebierg resp. d'Suessemer Schlass stinn och an dësem Budget.

### 2. Mobilitéit.

Am Kader vun der Mobilitéit soll dat nächst Joer nach ee vun de Schwéierpunkten de Réseau Velo'Ok sinn.

Den Fussgängerleitsystem ass 2015 agefouert ginn a soll an den nächste Joeren ausgebaut ginn.

De Fuhrpark un Gemengenautoe soll nach weider mat Elektroautoen ausgebaut ginn.

Dat bestehend Busnetz nach besser unzepassen.

### 3. Schoul.

Eng nei Schoul fir den Enseignement fondamental mat Maison Relais an enger Sportshal um Belval-Sud.

Renovatioun vun der Schoul Scheierhaff.

Eng nei Constructioun vun engem Gebai fir D'Education différenciée um Belval-Sud.

Nei Heizung fir den Turnsall Bieles-Post, neie Buedem fir den Turnsall Schoul 2000.

### 4. Kanner an Jugend.

Um Belval-Sud do soll an den nächste Joeren eng Gemengecrèche opman.

Gëtt och dru geduecht a geplangt fir eng Bësch-Crèche ze realiséieren.

An de Jugendhaiser do si mir lo mat 4 Mataarbechter optimal opgestallt.

Dat sin alles Projete fir 2016, déi eis dei Gréng um Häerz leien.

Ech well lech elo erspueren all dei aner wichtig Projeten an déi verschidden Ausgaben nach eemol opzezielen, well et sinn der ganz vill. De Buergermeeschter an eis 1. Schäffin haten dëst de leschte Méindeg am Detail gemaach.

Et war gewosst, dass a Joeren, wou mir eng Rei Projeten um Programm hätten, dëst eng zolitt Belaaschtung fir d'Gemengekees bedeite géif. Fir all déi Projeten ze finanzéieren, ass 2016 e Prêt virgesinn, also 7,05 Mio. €. Wann déi Sue geléint ginn, huet eis Gemeng den 31. Dezember 2016 eng Schold vu ronn 24,1 Mio. €. Domadder géif d'pro Kappverschëldung op 1.452 € eropgoen. Mee wéi de Buergermeeschter an déi 1. Schaffin bei der Presentatioun vum Budget schonns soten, ass dat awer nach raisonnabel. Dass se awer dovun ausginn, dass se de Prêt 2016 net mussen ophuelen.

Op där anerer Säit realiséiere mir Projeten, déi fir nächst Generatioune geduecht sinn; sou dass et ze verrieden ass, dass d'Bezuele vun deene Projete sech iwwer 20 Joer zitt. Alles dat si Projeten, déi op mannst an den nächsten 20 Joer dem Awunner wichteg Servicer garantéieren.

Op eppes wollt ech nach agoen, 2016 wäerte mir op iwwer 16.600 Awunner an der Gemeng Suessem kommen. Méi Leit erfuederen och méi Aarbechtsplazen. Sou ginn dat nächst Joer 25 Persounen agestallt, huet de Buergermeeschter verlaude gelooss. Also den 31. Dezember 2016 wäerten dann 585 Salaréien op der Gemeng beschäftegt sinn. Dofir mengen mir, dass d'Gemeng Suessem, déi an engem ganz schnelle Rhythmus wüsst, gudd opgestallt wäert sinn, wat d'Personal ugeet.

De Schäfferot ass natierlech och ugehale fir d'Dépenses ordinaires (z.B. Personalkäschten, déi 62,80 % ausmaachen zwar 0,5 % manner ewei 2015 an ouni den CIPA awer nach 50,22 % ausmaachen) ganz gudd am A ze behalen.

Fir eis ass dëse Budget ee bei deem d'Schwéierpunkten aus de leschte Joren virugefouert ginn. An et ass dofir selbstverständlech, dass mir all zesumme mussen oppassen fir déi finanziell Efforten, déi virun eis leien, meeschteren ze kënnen.

Mir Déi Gréng waerten dese Budget vun der Kontinuitéit mat JO stëmmen.

Alain CORNÉLY

## DP-STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2016

Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot.

Am Virfeld wëll ech dem Gemengepersonal Merci soen fir déi gudd Aarbecht iwwer d'ganz Joer hin, a speziell deene Leit, déi bei der Opstellung vum Budget 2016 Hand mat ugeluecht hunn.

D'Uschafung vun enger ganzer Rëtsch vun Terrain'en fir verbëllegte Wunnengsbau souwéi Haiser an d'Ariichten vu Wunnengen fir sozial schwach Matbierger, ënnerstëtze mer als DP selbstverständlech och. De Projet vun der Maison 2020 an der Zolwerstroos zu Bieles gouf jo ënner anerem och an Ugrëff geholl a mir sinn gespaant op d'Effkassitéit vun dëser Sanéierung.

Wann 2015 och just 135.625 Euro an de Projet investéiert goufen, esou sinn awer fir dat kommend Joer 1.850.000 Euro fir den Ausbau vum "Centre d'Intervention" um Scheierhaff zu Zolwer virgesinn. Wéi gewosst préfinanziert eis Gemeng de Gesamtbetrag vun 2.985.000 Euro. D'Déifferdenger Gemeng huet sech zesumme mam Staat engagéiert déi ufalend Rechnungen "au fur et à mesure" zrëck ze bezuelen. Wann den Déifferdenger Pompjeescorps sech virun Joeren net géint en Zesummeleeën mat Suessem gestäipt hätt, da wär dëse Projet scho längst ëmgesat an dat doudsécher zou engem méi gönschtegen Präis.

Dem Budget no gesäit et aus wéi wann endlech de Bau vun der Grand Schoul mat Maison Relais a Sportshal op Belval-Süd ugefangen géif ginn. Fir 2016 sinn 1,5 Mio Euro vun insgesamt 34.176.078 Mio Euro an der Haushaltsvirlag agedroen.

Wann och net populär, mat engem enorme Käschtenopwand verbonnen, an dach vu grousser Wichtigkeet wäerten weiderhin Stroossen-, Waasser- an Kanalisatioun- Aarbechten bleiwen. Bedauerlech ass just, dass d'Post onkoordinéiert d'Stroossen op all Eck vun der Gemeng oprappt an eng Éiwegkeet brauch fir hiren Glasfaserfiber ze verleeën.

Fir den Aménagement vun der Grand-Duchesse Charlotte Strooss zu Bieles steet fir 2016 1 Mio Euro am Budget. Dat ass wierklech net vu Muttwëll. Bleift just ze hoffen, dass d'Aarbechten sënnvoll an zur Zefriddenheet vun den Awunner an engem raisonnablen Délai duerchge-

fouert ginn, net dass et geet wéi bei der rue des Alliés, wou de ganze Projet sech iwwert Jorzéngten higezunn huet.

De Réaménagement vun den Alentouren vum Suessemer Schlass mat sengen Gemäier an deenen neien Schof Ënnerstänn verschéinert sécherlech de Site.

Et dierf een awer net vergiessen, dass eng Privatpersoun déi Parzellen gepacht huet an dës iwwer deen Wee vun eiser Gemeng a Stand gesat kritt.

Luewenswäert ass och d'Instandssetzung vum Parc Tippewee zu Éilereng, wou schonn vill dru geschafft gouf an nach weider ausgebaut gëtt. Dat freet net nëmmen d'Kanner, mee och d'Fräizaitssportler, d'Naturfrënn an d'Awunner aus der Emgéigend.

Mär als DP sinn der Meenung, dass de Projet Vëlo'ok nach net reif a schonn guer net profitabel ass. Dofir gëtt et net genuch sécher Pisten an e Fieren duerch stänneg verstoppten Stroossen ass bei wäitem keng "Partie de plaisir". En Invest a sécher Vëlosweeër souwuel an der Natur wéi och op den ënner uertlechen Verkéiers Achsen wier do éischer ubruet a géif d'Mobilitéé douce hei an der Gemeng an am ganzen Süden promovéieren. Wichtig wier och, d'Installatioun vun sougenannten Velo'sboxen, wou de Besëtzer säin eegent Gefier ënner Verschloss kënn ofstellen. Sënnvoll wär et dës Ënnerstänn bei den Garen, Busarrëten an ëffentlechen Gebaier opzestellen. Mat dëser Léisung wieren bestëmmt vill Velosfrënn deck zefridden.

Wat déi nei Beschëlderung vun den Foussgänger Weeër zu Bieles ubelaangt, fannen ech et Schued, dass just d'Richtung an d'Géizäit uginn ass. Et wier sécherlech kee groussen Opwand gewiescht fir och d'Distanz matzedeelen. Mee et ass jo ni ze spéit fir déi rechtlech Schëlder déi nach an der Gemeng ubruucht ginn, ze perfektionéieren.

Doriwwer ewech hunn ech och meng Bedenken wat den Erfolleg vum Knobel Musée "A Gadder" zu Bieles ugeet. Am Budget sinn dëst Joer 100.000 Euro fir dee Projet ageschriwwen an elo fir 2016 nach eemol 450.000 Euro. Deen een oder aneren verwierklecht sech vläit en Dram, mee dass esouvill Visiteuren, vun den Schoulklassen mol ofgesinn, hei e Besuch ofstatten, woen ech dach ze bezweiwelen.

Frou si mer driwwer, dass de Projet "Sommerrodelbahn" op Äis geluecht ginn ass. Allefalls steet mol näischt méi dovun am Budget.

Et ass nach net esou laang hir, wou mer eis hei am Gemengerot net schlësseg waren, wat d'Bezuelen vun enger Versigelungstaxe fir d'Awunner aus den Aessen zu Zolwer an der Suessemer Strooss zu Éilereng ubelaangt. Hals iwwer Kapp gouf dës Décisioun vun de Majoritéitsparteien duerch geboxt. Hei wier et sënnvoll e Konzept auszeschaffen fir an d'Zukunft Ongerechtegkeeten ze vermeiden a fir all Bierger aus der Gemeng déiselwecht Konditiounen ze schafen. Wann eng Taxe fälleg ass, da soll déi am Virfeld vum Schaffen- a Gemengerot fir sämtlech Bauprojeten um Territoire vun der ganzer Gemeng fest geluecht ginn. Et kann wierklech net sinn, dass sech déi Taxe nëmmen op zwou Stroossen aus der Gemeng beschränkt.

Am Allgemengen ass gudd geschafft ginn an dofir hunn ech am Numm vun der DP déi meeschten Projeten matgedroen.

Wat d'Presentatioun vum Budget ubelaangt, sou ass déi allerdéngs relativ schwierig nozevollzéien. Onofhängeg, dass den PPF (Plan pluriannuel financier) eis éischt Ufanks 2016 virleien soll, kann een d'Zuelen mat den Previsiounen schlecht vergläichen.

Eng Saach déi awer direkt an d'Aen stécht ass den Réalisé vun 2015:

Lescht Joer waren am d'Budget Zuelen am Extraordinären mat 26,462 Mio Euro agedroen, mee den Rectifié 2015 weist elo 30,782 Mio Euro aus. Bis ewell goufen 18,528 Mio Euro vun deem Montant opgebraucht. Dat bréngt e Réalisé vun 60,19 % an net 70,17 % wéi aus dem Buergermeeschter senger Budget Ried ervir goug.

Am ordinären Budget vun 2015 gounge Recetten vum Initial 60,098 Mio Euro op 61,035 Mio Euro erop an Dépenses vum Initial vun 57,624 Mio Euro op 56,454 Mio Euro erof, deemno ass dat e gesamt Boni vun 2,107 Mio Euro.

Kucken ech dann den extraordinären Budget 2015, sou sinn Recetten aus dem Initial vun 22,781 Mio Euro op 9,627 Mio Euro erof gaang. Den Initial vun den Dépenses an Héicht vun 30,782 Mio Euro goug op 18,528 Mio Euro erof.

Et bléift deemno nach just e Mali vun 900.000 Euro Rescht. Iergendswéi gëtt dat schonns en dro lescht Bild of wann een dat vergläicht. A mengen Aen ass de Budget nëmmen reng Theorie an net realistesch. En ass fiktiv opgebaut an deem zu folleg schwéier nozevollzéien.

Am Numm vun der DP sinn ech och weiderhin gewëllt vill a sënnvoll Projeten matzedroen. Allerdéngs wär et gudd wann der an d'Zukunft verschidden vun ären Propositionen méi detailléiert a méi verständlech virstellen giff.

Well eng ganz Rei vun ären Projeten eisen Virstellungen entsprechen, anerer nëmmen bedéngt, hunn ech am Numm vun der DP entscheet, mech dëst Joer beim Vote vum Budget 2016 ze enthalten.

Merci fir d'Nolauschteren.

Patricia SPECK-BRAUN

## DÉI LÉNK-STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2016

Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, léif Leit vun der Press,

D'Budgetsdebatten zum Oofschloss vun dem laafende Budgetsjoer an Viraussicht op dat nächst Budgetsjoer si secherlech déi spannendst Momenter, gi mer dach hei gewuer wéi d'Stoussrichtung an Zukunft soll ausgesinn an a wéi eng Richtung eis Geméng sech wärt weiderentwéckelen. Dat bedeit vill Aarbecht an dovir och vun déi Lénk aus e grouse Merci a Bravo fir déi akkurat Exekutioun un déi Beamtinnen a Beamten déi des net ganz einfach Tâche ze erliedegen hunn. Merci och un de Burgermeeschter an un d'Schäffin fir hier Berichter.

Mir deelen d'Feststellung, dass de Verdeelerschlëssel vun der Dotation de l'Etat de Moment fir eis Geméng ongeschteeg ass an hoffen dass d'Reform do eng substantiell Verbesserung fir eis Gemegefinanzen wärt bréngen.

Vergläicht een elo d'Recettes ordinaires mat den Dépenses ordinaires da stellt e fest dass den Iwwerschoss also de Solde bei ronn 3 Mio € léit. Eis Reserve oder Mouk vun 3 Mio € sinn eng weider „berouegend“ Récklag, an och eis Kappverschuldung déi no den Prévisoune vun den ustehenden Investissementer e gudd Stéckelchen an d'Luucht geht (vun 1.063 op 1.452), wëll mer Emprunts maache mussen, bréngen de Budget net wierklech an en geféierlechen Déséquilibre. Ma d'Finanzen muss een am A behaalen.

Als gewielte Verriederin interesséiert mech virun allem de politeschen Gestaltungswëllen vun eiser Gemege-

féierung. An de Präsentatiounsrieden hun esouwuel den Burgermeeschter wéi och d'Finanz- an Umwelt-schäffin eng ganz Partie Aspekter ervirgestrach déi mir als déi Lénk wëllten opgräifen a kommentéieren. Déi meeschten Projets goufen iwrengs eestëmmeg am Gemengerot gudd geheescht. Dat hun déi beid Gemengescheffen och ënnerstrach.

### **Renovéierung vun eisen eeleren Schoulgebäier, de Neibau vun der Schoul um Belval an vun der Ediff**

Hei ginn d'Aarbechten déi néideg sinn wéi geplangt virun. Ze bedauern bleiwt hei awer, datt d'Pläng fir d'Schoul um Belval net ganz der Virstellung vun den Enseignants, déi am Planungsgrupp derbäi waren konnten realiséiert gin fir de Besoins vun enger moderner Schoul gerecht ze gin. Do schengen dach déi pädagogesch Approches net 100 % iwerteneen ze stëmmen. Déi Lénk ging et och begréissen, wann eis Geméng endlech och eng Naturklass oder eng Bëschcrèche ging bauen, sief dat em d'Suessemer Schlass, sief et um Areal vum Matgesfeld.

### **Altersheim an Betreierung vum 3. Alter**

Jo Här Burgermeeschter, mir sinn och houfreg op eist Altersheim, an dorobber dass mir dat als Geméng an Eegeriegie géréieren a net vun engem privaten Träger. A mir sinn och frou, dass déi am läschte Joer ugekënnegt Erhéigung vun de Beiträg vun de Pensionspräisser NET komm as. Mir ënnerstetzen och d'Bestriewungen vun der Geméng fir den Statut vun engem Pflegeheim unerkannt ze kréien, wëll dat vum Staat aus méi Méiglechkeeten fir d'Finanzéierung bréngt. Mir wënschen eis, awer och dass a Richtung Altenwunnéngen ëppes méi geschitt a virun allem méi séier. Ech kommen nach dorobber zrëck.

### **VeloOk, Foussgängerleitsystem, Schoulgaart an Aménagement vum Noerhuelungsgebidd Galgebiert**

Des si Projets déi direkt en Affloss op eis Ëmwëllt an eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun eisen Awunner aus der Geméng hun. Des Projets sinn all € wärt déi se kaschten. Wat d'Uplanzen vu Biogeméiss an Ouebst ugeet do kéint een sech weider Gemengenzären a Gärt op verschidde Platzen an der Geméng virstellen. Eis Schoukantinen, Eis Epicerie gingen dovu profitéieren kënnen. An Biodiversitéit versus Rollrasen wier och kee Fehler...

### **Klimapakt, Masterplang, Growaassercircuit**

Eis Ëmwëlltschäffin huet an hierem Bericht gesot, dass den Audit viru kurzem an hierem Rapport bestätege wärt, dass mir 50 % vun eisem Engagement gepackt hun an dofir mat 250.000 € op 2 Joer belount gin. Dat ass e gudden Ufank, mir gingen awer hei gären déi eenzel

Detailer präsentéiert kréien, ma dat wärt demnächst geschéien, huelen ech mol un, wann de rapport definitiv virläit.

Eise Burgermeeschter ënnersträicht bei all Geleenhet, dass vill Projets déi kuurz virum Oofschloss sinn oder an Ugreff geholl gi sin hei am Gemengerot eestëmmeg verabschied gi sinn. Dat sinn jo och blutnoudwendeg Projets a ganz sënnvoller. Seng Interpretatioun héiert sech dann oft esou un, dass also quasi unisono d'Politik vun der Majoritéit vun der Oppositoun mat gedroe gett.

Als Verriederin vun déi Lénk kann ech iech versécheren, dass mir och weiderhin déi Projets wärten ënnerstetzen déi eis Gemeng virubréngt an eise Leit eng besser Liewensqualitéit bidd. Dofir si mir jo gewielt.

Ma dir kennt iech et schon denken... mir sinn nach net ganz zefridden a mir hun och dest Joer, leider wéi och dat läscht Joer virun allem 2 grouss Kritikpunkten nämlech d'Roll vun eiser Gemeng wat den ëffentlechen Wunnensbau ugeet an de volet Demokratie a Mat-sproocherecht.

A propos ...

### **Bautenpolitik, Wunnensnout**

An eiser Gemeng gett vill gebaut, oder besser gesot baue geloss. De Wunnensproblém gett zevill de Privat-promoteuren iwerlooss. Mir wënschen eis eng méi aktiv a verantwortungsvoll Roll vu Säiten vun eiser Gemeng. Et gett weiderhin e grouse Mangel un qualitativ héich wärtegem a bezuelbarem Wunnraum, de Problem kéint méi offensiv vun der ëffentlecher Hand ugepaakt gin, wa si méi aktiv an de Wunnensmaart ging agräifen.

Déi Lénk schléit d'Schaafen vun enger **ëffentlecher Gemengenwunnens- a Bauagentur** fir (entweder als Gemeng elleng oder am Verbond mat Nopeschgemen-gen) mat folgenden Kompetenzen:

- Wunnengen déi eidel stinn missten repertoriéiert gin an duerch eng gemengeneegen „Wunnensagentur“ weiderverméttelt gin;
- Wunnengen déi ouni Grond (aus spekulativen Grënn) eidel stinn, missten stufeweis taxéiert gin (mat Progressioun) wéi se dat zum Bsp. schon zu Esch maachen;
- Bauland wat iwert 3 Joer, nodeems et kaaf gin as nach emmer net bebaut gin as, soll taxéiert gin (op de m<sup>2</sup>)

- Bauland wat no 5 Joer, trotz Taxéierung net bebaut gin ass, soll iwert de Pacte Logement an iwert Entee-gung vun der Gemeng ofkaaf gin (as elo scho méiglech)

Déi ëffentlech Agentur kéint och Vermëttlerroll tësched Propriétaires vun kléngen a grouse Wunnengen iwerhuelen zum Bsp.:

- Eeler Koppelen, oder Leit déi am Alter off elleng do stinn, a fréier e groust Haus haten, wieren frau, wann si an hieren Uertschaften, wou se en groussen Deel vun hierem Liewen verbruecht hun, kéinte wunne bleiwen. Hei kéint eis Gemengenagentur vermëttlen tëscht jonke Léit déi e kléngt Appartement hun, an ëppes méi grousses sichen. Ouni Zwëschenkäschten an supplémentaire Provisiounen kéint ee vléit hei eng partie Léit glécklech maachen an ganz einfach a sënnvoll der Wunnensnout e Schratt entgéint trieden.

Déi privat Promoteuren driewen Kaafpräisser an Loyers an d'Luut wëll se spekuléieren an déck Provisiounen akasséieren.

Eng ëffentlech **Gemengenwunnens- a Bauagentur** kéint dofir suergen,

- dass d'Verkaafspräisser an d'Loyers kontrolléiert a statistesch verglach kéinten gin an ëffentlech an transparent gemach gin; dat ging d'Spekulatioun andämmen.

Virun allem awer kéint déi ëffentlech Gemengenwun-nens- a Bauagentur eege Bauprojets lancéieren:

- Eis Gemeng kéint als eegene Bauhär verstärkt Wunnenge baue loossen an se dann zu engem erschwinglechen Tarif verlounen oder verkafen. Mat dem kléngen Iwwerschoss géing e Circuit entstoen wou weider Bauprojet esou finanzéiert kéinte gin.

Dat ging bedeuten, dass d'Gemeng natierlech kompetent Léit fir des ëffentlech Gemengenwunnens- a Bau-agentur misst astellen. Ma der gët et jo hei zu Lëtzebuerg genuch.

A propos Personalschlëssel an weider Astellungen...

An ärer Prévisioun geht Rieds vun der Astellung vun zousätzlechem Personal (25 Posten). Jo dat schéngt alles legitim ze sinn, ma wat mech wonnert as awer d'Kreatioun vum Posten vun engem Beamten, deen sech em d'relations publiques soll këmmern. Anscheinend wuar dat, dat läscht Joer scho virgesinn, huet sech dunn awer als nach net esou néideg erausgestallt wëll mir hun keen esou e Posten gestëmmt.

Ech hun d'Impressioun, dass vun un dass eis Gemeng d'Zouso kritt huet, dass 2017 d'Cyclocrossweltmeeschterschaft hei ginge stattfannen, an déi échéance ëmmer méi no kennt, e puer Léit op de Felgen dréinen an zum Deel an hierem eegene kleng Film liewen.

Erlaabt mer elo op e weideren Kritikpunkt anzegoen: **d'Demokratie participative.**

Virun e puer Wochen hat de Schännerot d'Leit vum Gemengerot an aus de Gemeengekommissiounen invitéiert un engem Workshop deel ze huelen deen sech dermadde beschäftegt, wéi eis Gemeng den „zukünftigen“ Touristen mat enger enstprechender Kaart déi néideg Informatiounen kéint ginn. Et wuaren grad emol eng Bäckeschdozen Leit do. Verschidde Leit hun du gemengt, dass et kee grouse Wärt hätt de Bierger mat an d'Gestaltungsprozesser anzebannen, si gingen sech net derfir interesséieren. Ech muss iech soen, dass ech mech net gewonnenert hun, dass esou wéineg Leit do wuaren.

Sidd der iech bewusst, dass mer dat wat mer haut am Gemengerot oofstëmme wärten, de Bierger an d'Biergerin am Wuertlaut als Bulletin an der boîte eréicht de nächste Mai oder Juni ka noliesen. Also a 5 bis 6 Méint. Wa mer d'Bierger vun eiser Gemeng net méi eescht huelen wéi sou, brauche mer eis och net ze wonneren, wann se net un engem Workshop iwwert eng méiglech Touristekaart iwert eis Gemeng interesséiert sinn.

Eng partie vun eise Nopeschgemengen, Monnerech, Esch, Diddeleng, fir nëmmen déi ze nennen, bréngen et färdeg, sief et iwert MP3 oder MP4 iwert Lifestream entweder als Audio oder Videoopnam déi öffentlech Sitzungen vun hieer Gemengeréit a kürzester Zäit op hieer Internetsite ze sëtzen. Ech denken dass mir als modern Gemeng, d'Transparenz a Participatioun och missten wierklech eecht huelen an och op dee Wee goen. Eis Sitzungen sinn öffentlech, da komm mir maachen se och öffentlech zougängelech iwert eisen Internetsite. Mir liewen am 21. Joerhonnert! Am Budget si menges Wëssens keng Suen dofir virgesinn.

Am iwregen as eise Site in Punkto politesch Informatioun net wierklech attraktiv, verschidde Léit changéieren zwar regelméisseg hier Foto, ma wann een z.B. wësse wëll wee Member an der enger oder anerer consultativer Kommissioun as, da liest e Nimm vu Léit déi net méi an eiser Gemeng wunnen an déi esouguer net méi ënnert eis sinn.

Do gett keen Update gemaach, dat as traureg a schued.

Mir haten dat läscht Joer, an och dest Joer e puer mol d'Situatioun, dass d'Berichter vun den consultativen Kommissiounen entweder onvollständeg oder guer net fir d'Gemengeréit disponibel waren. Dat hu net nëmme Gemengeréit vun der Oppositionsbänk kritiséiert, ma och Leit vun der Majoritéit. Esou kann e net sériös schaffen.

Waa mer de Bierger an Biergerinnen an eis selwer wëllen eecht huelen, dann mussen hei ganz schnell an substantiell efforts gemaach gin. A wanneschliff, wuart elo net bis déi nächst Gemengewahlen. Mat et direkt, elo!

Eis Gemeng ass sëcherlech eng Gemeng déi wann se och vill mecht nach vill méi maachen kéint. E Label oder Präis fir en demokrateschen, emanzipatoreschen an transparenten Dialog mat sänge Bierger wärt eis Gemeng wuel net an nächster Zäit kréien.

Bleiw nach d'**Taxepolitik** vun eiser Gemeng. Ausser enger komescher neier Versigelungstaxe, déi ongerechterweis just fir e puer nei Awunner vun engem Deelstéck vun enger Strooss soll gëllen, huet de Buergermeeschter eng hausse vun der Waasser- a Kanaltaxe iwwert den SIACH an Aussicht gestallt. Mir wärten als déi Lénk zu gegebener Zäit eis Virschléi fir e gestaffelte Waasserpräis nach emol présentéieren.

Dir Dammen an dir Hären, ech kommen zum Oofschloss.

Déi Lénk widerhuelen och, leider an der Kontinuitéit, eis Kritiken un dëser Majoritéit an wärten och dest Joer de Budget net mat stëmmen, wëll ons einfach zevill demokratesch Aspekter fehlen.

Ech soen iech Merci a wënschen lech an äre Familljen nach schéi Féierdeeg.

Patrizia ARENDT

## LSAP-STELLUNGNAHME ZUM BUDGET 2016

Ronn 60 Mio un Depensen stinn am ordinäre Budget vun der Gemeng Suessem, 60 Mio, dir Dammen an dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, dat ass och d'Zuel u Flüchtlingen déi vun der UNO-Flüchtlingshëllef weltwäit geschätzt gëtt, 3,88 Mio dovunner kommen aus Syrien

a 400 sinn der am Mount November (méi wéi am ganze leschte Joer) bei eis zu Lëtzebuerg registréiert ginn.

130 Doudeger a ronn 350 Blessierter bei den Terror Uschléi vum leschten 13. November zu Paräis, wou nieft deem mënschleche Misère, Grondwäerter wéi Fräiheet an Toleranz, Gläichheet a Gerechtegkeet, Bridderlechkeet a Mënschlechkeet mat Féiss getrëppelt ginn an enner anerem d'Destabilisatioun vun eiser demokratescher Gesellschaft viséiert gëtt.

Do klängt d'Augmentatioun vun eiser Prokappverschëldung vu 1.062,66 € op 1.452,15 € dach awer éischer marginal...

Ech sinn zoufälleg op eng Karikatur vum amerikanesche Cartoonist David Sipress, gestouss, wou e Mann beim Psy op der Couche läit a seet:  
«Ech hu mussen ophalen d'Noriichten ze kucken – dat huet meng eege Problemer onbedeutend schéngel ge-looss»

Ech wëll domadder net soen, dass mär hei an der Gemeng keng Problemer hätten, zemools, wann ee weess dass eise Sozialbudget ëm 3,84% an d'Lut gaangen ass (a fir 2016 18,28% vun eise gesamten Ausgaben am ordinäre Budget ausmécht) an dass d'Unzuel vun deene Leit déi un der Aarmutsgrenz liewen an deenen déi d'Hëllef vum Office social an Ussproch huelen ëmmer méi grouss gëtt.

Nee, ech wëll domadder zum Ausdrock bréngen, dass mär eng enorm Chance hunn hei am Land an an dëser Gemeng kënnen ze wunnen an ze liewen an dass mär hei bannen, als demokratesch gewielte Volleksvertrieeder kënnen mat diskutéieren an (zumindest en Deel vun eis) och mat decidéieren, wat mer mat deenen dach ville Suen, déi eis all Joers zur Verfügung stinn, maachen – och wann den Iwwerschoss vun den Einnahmen vis-à-vis vun den Ausgaben an deene leschten 10 Joer lues a lues ëmmer manner ginn ass.

Mär sinn allerdings definitiv keng Insel, weder als Lëtzebuurger Land nach als Gemeng Suessem, a mär sinn eis wuel eiser sozialer Verantwortung bewusst, wat jo och ganz kloer aus dësem Budget ervir geet.

Dofir wëllt ech dem Schäfferot dann och am Numm vun der sozialistescher Fraktioun, awer och am Numm vum Office social, e grouse Merci soe fir all déi Projeten déi en am soziale Beräich selwer an zesumme mam Office social an anere Partner mëscht, resp ennerstëtzt.

Dëst ass ëmsou méi wichteg, well mer gudd mussen opgestallt si fir déi grouss Erausforderungen déi op eis zoukomme wäerten, notamment am Zesummenhang mat de Réfugiéen, ze meeschteren, an dat ouni dobäi déi Leit aus eiser Gemeng ze vergiessen, voire ze beno-deelegen, déi och eis Hëllef brauchen. Hei musse mer alles dru setze fir ze verhënneren, dass an iergend enger Form Sozialnäid opkënn.

Dofir begrësse mer och d'Approche vum Schäfferot, fir als Gemeng selwer Terrain'en, resp. Häiser opzekafen, well d'Wunnensproblematik mat dee gréisste Problem ass an dëse mat de Refugiéen drastesch wäert an d'Lut goen.

Nieft där sozialer- hu mer och awer eng ökologesche nohaltig Verantwortung, déier mer eis als Klimabündnis- a speziell als Klimapakt-Gemeng jo och bewusst sinn a ronn 8 % vum ordinäre Budget fir d'«Protection de l'environnement» virgesinn hunn.

Och wann sech elo op der COP21 zu Paräis 195 Staaten d'Wuert ginn hunn d'Äerderwärmung op 1,5 Grad ze limitéieren an d'Netto-Dreiwgasemissiounen an der zweeter Hallschent vum Joerhonnert op Null ze setzen, esou kenne / musse mär als Gemeng a jiddwereen eenzelen vun eis och eppes dozou bäidroen an eis Gewunnechten e bëssen änneren.

Bei menge Recherchen iwwert de Cartoonist David Sipress, sinn ech op eng vu senge ville Karikaturen gestouss, déi gudd zu deem Thema passen:  
wou de Chrëschtmann - oder wéi d'äerf / soll een deen haut nach nennen - a voller Tenue an engem Bar-Grill um Nordpol sëtzt, an nieft him, um Comptoir, 3 Leit am Tshirt mat Zipfelmutz a Sonnebrëll, a wou een vun deene seet: «Hien ass an deene meeschte Saache schéi liberal, mä hien ass total dergéint wann et ëm de Klimawandel geet»

Dëst passt ganz gudd bei déi 12 bis 15 Grad dobaussen, op engem 18. Dezember an der Konfirmatioun déi de Muere koum, dass 2015 dat wärmste Joer war dat jee op dësem Planet registréiert gouf a mat engem plus vun 0,87 % iwwert der Moyenne vum leschte Joerhonnert läit.

Dofir sinn ech frou, dass och dëse Budget, esou wéi déi aner 9 virdrun, déi vun dëser "LSAP – Déi Gréng" Majoritéit opgestallt an, wéi de Buergermeeschter, e Méinde bei der Presentatioun vum Budget, un Hand vun deene sëlliche Projet'en an deene leschten 10 Joer hei duer-geluecht huet, och ëmgesat goufen, net nëmmen am Zeeche vum sozialen Engagement, der Kontinuitéit, der

Konsolidatioun mä och vun der ökologescher Nohaltegkeet steet.

Ech wéilt dann awer och vun der Geleeënheet profitieren fir all deenen zoustännege Leit déi un deem Budget mat geschafft hunn, Merci ze soen an e grousst Kompliment ze maachen, well et war och dëst Joer sécher net einfach fir d'Chifferen esou ze recherchieren an z'evaluieren, fir dass de Schafferot déi richteg Decisiounen konnt huelen.

D'Fraktioun vun der LSAP ass dann och frou fir dëse Budget kënne mat ze droen a mat ze stëmmen.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren,

Jos PISCITELLI

## DER SCHÖFFENRAT NIMMT STELLUNG

Nach den Budgetreden der Fraktionen nahm Bürgermeister Georges Engel (LSAP) Stellung zu einigen zuvor von den Oppositionsparteien aufgeworfenen Fragen und Kritikpunkten.

Zu den Ausführungen der CSV erklärte er unter anderem, dass man bezüglich der zukünftigen Verwendung des Vereinshauses in Beles die Studie abwarten wolle und dann werde der Schöffenrat dem Gemeinderat selbstverständlich die Ideen mitteilen. Betreffend die Zahlen der Sperrmüllabfuhr habe man bislang keine Daten, doch sobald diese ausgewertet sind, wird der Gemeinderat natürlich informiert. Der „Ruffbus“-Dienst lag beim Start im Oktober 2014 im Durchschnitt bei 9 Fahrten pro Tag, im Juni 2015 fuhr er 16mal pro Tag. Die meisten Nutzer sind über 70 Jahre alt. Man habe Überlegungen vorgenommen den Dienst als Gemeinde selber zu betreiben, die Umsetzung sei jedoch schwierig. Zur angeblichen Verdopplung des „Relation publiques“-Artikel erwiderte Bürgermeister Georges Engel (LSAP), dass es sich hierbei keineswegs um eine Erhöhung des Budgets handele. Man sei davon ausgegangen, dass die Gelder bereits 2015 benötigt werden. Da man allerdings den Posten für Öffentlichkeitsarbeit nicht besetzen konnte, werde man das Budget im kommenden Jahr verwenden. Zur Frage nach der „Maison de la laïcité“ antwortete er, dass das Budget für Konferenzen und Broschüren genutzt wurde. Zum Masterplan Ehleringen entgegnete er, dass dieser nicht mehr im Budget vorhanden sei, da er abgeschlossen ist. Dennoch bedeute

dies nicht, dass man den Masterplan vergessen habe. Bezüglich der Cyclo-Cross-Weltmeisterschaft 2017 in Beles, wiederholte er, dass dieser Mega-Event ein einmaliges Erlebnis sei. In anderen Gemeinden seien solche Großveranstaltungen üblich und es werde auch nicht soviel Kritik ausgeübt. Es sei zudem schwierig einen konkreten Kostenpunkt für die Projekte für die Integration der Flüchtlinge festzulegen. Der Betrag für das „Musée didactique“ sei ebenfalls noch nicht bekannt. Zuletzt betonte er, dass die Pro-Kopf-Verschuldung auf nationalem Niveau ganz und gar nicht zu hoch sei.

Die Beanstandungen der DP überschritten sich größtenteils mit jenen der CSV-Fraktion. Bürgermeister Georges Engel (LSAP) entgegnete, dass man bei 96 % Einstimmigkeit bei allen Projektvoten nicht als Opposition behaupten könne, sie sei gegen die Politik der Mehrheits-Koalition. Es sei eher ein Beweis dafür, dass man in dieselbe Richtung zugunsten der Verbesserung der Lebensqualität der Einwohner Sanems gehe.

Die Beanstandungen der Déi Lénk konnte Bürgermeister Georges Engel (LSAP) zum Teil gar nicht nachvollziehen. Der Kauf von Grundstücken und Häusern für soziale Wohnungsprojekte trage hohe Kosten mit sich. Dennoch habe die Gemeinde Sanem im Jahre 2015 insgesamt 3,36 Millionen € investiert. Zudem verfügt die Gemeinde über eine „AIS-Agence Immobilière Sociale“, eine Seltenheit in Luxemburg, unterstrich der Bürgermeister. In der heutigen Sitzung wurde zudem ein großes Bauprojekt mit der SNHBM gestimmt. Dies beweise, dass die Gemeinde bereits alle möglichen Anstrengungen in diesem Bereich unternimmt. Es sei einfach zu behaupten, die Gemeinde müsse mehr im Bereich sozialem Wohnungsbau tun, die Möglichkeiten sind jedoch begrenzt. Außerdem erklärte er, dass das Lehrpersonal zum Thema Beval-Sud-Schule im kommenden Januar noch mal zusammen kommen wird und man deren Ansichten ebenfalls in das Projekt mit einfließen lassen muss. Zum Schluss entgegnete der Bürgermeister zur Bürgerbeteiligung, dass die Bürger in der Gemeinde Sanem oft befragt werden, das Angebot sei da, es werde jedoch oft von der Mehrheit der Bevölkerung nicht angenommen. Außerdem werde demnächst ein Öffentlichkeitsarbeit-Posten gestimmt.

Zu guter Letzt bedankte sich der Bürgermeister bei den Mehrheitsfraktionssprechern Jos Piscitelli (LSAP) und Alain Cornély (Déi Gréng) für ihre Budgetreden.

Gemeinderat Jos Piscitelli (LSAP) fügte den Erläuterungen von Bürgermeister Georges Engel (LSAP) hinzu, dass die Vereinigung „Gemeng Suessem Hëllef“ die Flüchtlinge in Sanem tatkräftig mit kleineren Projekten unterstütze.

---

Die Gemeinde übernehme ihre Verantwortung in diesem Bereich, jedoch sei man mit Hindernissen auf administrativem Niveau (z.B. mit der OLAI) konfrontiert. Somit sei der Vorwurf an den Schöffenrat, dieser sei in diesem Bereich inaktiv, unberechtigt, so der LSAP-Gemeinderat Jos Piscitelli.

Abschließend wurden dann der rektifizierte Haushalt 2015 mit der rot-grünen Mehrheit von 10 gegen 5 Stimmen (CSV, DP und Déi Lénk) angenommen. Der Budgetentwurf 2016 wurde mit 10 Ja-Stimmen der LSAP-Déi Gréng-Koalition gegenüber 4 negativen Stimmen (CSV und Déi Lénk) und 1 Enthaltung seitens der DP verabschiedet.







Commune de Sanem